

M. le Président.- Den Här Jeannot Krecké freet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech wollt froen, vu dass déi aner Membere vun der Châmber dat Dokument do nach nët gesinn hun, dass een de Vote zrëckverleet op muer.

M. le Président.- Ech mengen, dat as eng vernünfteg Proposition, well d'Châmber nach net am Besëtz as vum Text vun där neier Motioun. D'Motioun gët elo ausge-deelt, a wa jidderee se huet, da komme mer dorobber zrëck. As d'Châmber domadder d'accord?

(Assentiment)

Den Här Lucien Weiler huet d'Wuert gefrot.

6. Modification des commissions permanentes de la Chambre des Députés

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech wollt iech d'Modifikatiounen vun de Châmberkommissiounen matdelen.

Den Här Schank ersetzt den Här Juncker an der Commission des Affaires communales, d'Mme Arendt an der Commission de l'Education nationale, an den Här Estgen an der Commission de l'Environnement.

D'Mme Stein ersetzt den Här Juncker an der Commission de la Fonction publique.

Den Här Schank ersetzt den Här Juncker an der Commission de la Force publique, an der Commission du Règlement, an der Commission des Transports an an der Commission des Travaux publics.

M. le Président.- D'Châmber hält Akt vun där Ernennung vun de Kommissiounen, d'Ersetze vum Här Edouard Juncker duerch den Här Marco Schank, respektiv verschidden aner Ernennungen.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4459 iwwer den nationale Beschäftigungsplang.

Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Halsdorf, Bettendorf, Di Bartolomeo, Bausch, Gibéryen, Clement, Zanussi, déi Damme Wagener an Nicklaus, déi Häre Kollwelter, Garcia an d'Mme Mutsch.

Ech wëll iech drop opmierksam maachen, dass den Här Jean-Marie Halsdorf de 17. Dezember 1998 eng Motioun beim Projet de loi 4475 iwwer d'Allocations familiales déposéiert hat. Dee selwechten Dag huet d'Châmber decidéiert, dës Motioun bei de Projet de loi 4459 ze renvoyéieren.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Lux.

7. Projet de loi 4459 concernant la mise en oeuvre du plan national en faveur de l'emploi 1998

Rapport de la Commission spéciale "Plan d'action national en faveur de l'emploi"

M. Lucien Lux (LSAP), co-rapporteur.- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, Erlaabt mir am Utank ze redresséieren, wat de President elo gesot huet. Et han-

delt sech ëm de Co-rapporteur, deen hei schwätzt, an dat gët mer d'Geleënheet, fir de Kolleg **Marcel Glesener (CSV), co-rapporteur**, ze entschëllegen, dee wëinst engem Stierftfall an der Famill de Mëtteg nët hei as an domadder op säin Deel vum Rapport muss verzichten. Ech wäerd also versichen, dann de Rapport vun deem ganze Projet ze maachen, esou wéi mer en diskutéiert hun, an awer nët verfelen, him, deen och gläichzäiteg eise President an der Spezialkommissioun war, am Numm vun denen anere Kollege merci ze soë fir déi Aart a Weis, wéi en eis Aarbechten an dene leschte Wochen a Méint pilotéiert huet.

Gläichzäiteg geet och e Merci un den Här Aarbechtsminister Jean-Claude Juncker, stellvertriedend fir d'Membere vun der Regierung, déi sech an deem Projet ganz staark involvéiert an investéiert hu mat hire Mataarbechterinnen a Mataarbechter, grad esou wéi och d'Mataarbechter hei aus der Spezialkommissioun an aus de Fraktiounen, déi gehollef hun.

D'Gesetz, léif Kolleginnen a Kollegen, zum Ëmsetze vum nationale Beschäftigungsplang as de politeschen a legislativen Aboutissement vun enger breder, jo déifgräifender Démarche aus dene leschte Méint.

D'Sozialpartner, d'Regierung an d'Parlament hun näischt op d'licht Schëller geholl, jidderee séng Verantwortung an dene leschte Wochen a Méint iwwerholl, a jidderee kann och haut, denken ech, zu deem Aktionsplang stoen a virun allem vun iwwermuer u séng Energie investéieren, fir d'Ëmsetzung dovunner an déi richteg Richtung ze dreien.

D'Toile de fond vun deser Démarche, an där vill Acteure sech investéiert hun, as a bleift, d'Zil vun der Vollbeschäftigung an denen nächste Joren nët aus den Aën ze verléieren.

Virun deem Zil, jidder Mënsch eng Aarbecht an domadder soziale Wuelstand an e positivt Liewensgefëll ze garantéieren, ze resignéieren, wir eng gesellschaftspolitesch Kapitulation an eng Ofdankung vun der Politik tout court.

Dës Démarche vun dene leschte Wochen a Méint as also och eng Ofso un eng Attitüd vu "laissez aller, laissez faire", eng Ofso un de Glawen, dass déi fräi Kräfte vu muer dobaussen alles zum Gudde géife regelen.

Mir hun an dene leschte Joren a Westeuropa am allgemengen an hei zu Lëtzebuerg am besonneschen e Modell opgebaut, deem séng Haaptregelen an deem Plang eng Bestätegung fannen, e Modell vu sozialem Dialog, dee coôte que coôte d'Primat vun négociéierten, op Konsens opbauend Léisunge virun autoritär dekrétéiert Attitüde vun uewen erfëllt, e Modell vun ausgläichender, jo gedeelter Verantwortung, déi verhënnert, dass d'Léisungen eleng um Bockel vun engem Grupp, zum Beispill déi fir Loun a Gehalt Schaffend oder de Fraën, géifen ausgedroë gin, de Modell awer och vu betriiblecher Kultur, deen, och wann en hei zu Lëtzebuerg an dene leschte Jore gelidden huet, bekräftegt, dass d'Ekonomie, d'Wirtschaft dobaussen, eng sozial Verantwortung huet an zum Beispill um kollektivvertraagliche Plang bei der Formatioun

an och bei der Integratioun vu jonken an elere Chômeuren eng grouss Verantwortung dréit.

Nei an der Method war déi praktesch Gebuert vun engem europäesche Sozialmodell.

Nom neie Beschäftigungskapitel am Traité vun Amsterdam, nom Conseil vun Essen a virum Sommet extraordinaire iwwer d'Beschäftigung, den 20. an 21. November 1997 hei zu Lëtzebuerg, war dëst e Meilesteen, fir sech duerch eng concertéiert a volontaristesche gemeinsame Aktioun vun dene 15 Staten - iwwer déi makro-ökonomesch Ziler ewech - zu Gonschte vu konkreten a quantifizéierte Moosnamen anzesetzen. Nach geet déi Logik net esou wäit wéi déi bei der Konvergenzkritäre beim Antritt vum Euro, wou prezis Sanktiounen domat verbonne waren.

Fir d'éischt Kéier goufe Lignes directrices festgehalten, déi prezis a konkret Verpflichtunge festleën. Virun dene sin déi eenzel Länner u sech responsabel, mä si mussen och virun de Bürger a Bürgerinnen aus deem jeweilige Land riichtstoen. Dialog a gedeelte Verantwortung waren déi methodologesch Premiss fir dee Prozess, dee mir elo haut a muer ofschléisse wäerten. D'Premisse quant au fond waren eigentlech net laang kontestéiert.

Déi éischt Feststellung as a bleift, datt et fir eng effikass Bekämpfung vun der Aarbechtslosigkeit keng Wunnerléisung gët. Et gët kee Coup de baguette magique. Mä et gët verschidden Instrumenter, op denen déi richteg Melodie muss gespillt gin.

Et as eng Tatsaach, datt d'Ursaache vun der Aarbechtslosigkeit vielfälteg sin. Dofir mussen d'Léisungen op ville verschiddene Felder fond gin. Dat erkläert, firwat dëse Gesetzesprojet an dësen Aktionsplang net nëmme reng Beschäftigungsmoosnamen enthalen, mä och Moosname fiskaler Natur, vun der Formatioun, vun der Gläichstellung tëschent Mann a Fra a vun der Organisatioun vun der Aarbechtszäit asw. . All déi gehéieren zu enger vernetzter Démarche, déi effikass muss sin, fir datt mir de Problem an den nächste Joren an de Grëff kréien.

Dat erkläert sech och duerch déi zweet inhaltlech Premiss. En dauerhafte Wirtschaftswuesstum as d'Viraussetzung fir den Ofbau vun der Aarbechtslosigkeit. Dat as awer nëmme eng vu ville Viraussetzungen, well de Wuesstum eleng wäerd mëttel- a laangfristeg net duergoen, fir d'Vollbeschäftigung erëm hirzestellen. Besonnesch dann net, wa mir bei engem Wuesstum vun 2% an den OECD-State leien, vis-à-vis vun engem Wuesstum vu 5% bis 6% an de 60er Joren. Dat heescht, datt mir fir d'éischt eng Dynamiséierung vun eise wirtschaftleche Potentialer brauchen.

Mir brauche méi eng héich Investitiounstätigkeit, eng gesteigert Kompetitivitéit, e Prozess, deem net nëmme d'Lounniewekäschen, virun allem hei zu Lëtzebuerg, déif hält, mä och de Facteur Aarbecht strukturell méi bëlle mécht an d'Finanzéierung vun de Laaschten och nach op aner Schéllere wéi nëmme op déi vun der Aarbecht leet. Mir brauchen eng resolut a positiv opmierksam Ap-

proche zu der aktueller technologescher Revolutioun, déi mat der industrieller Revolutioun um Enn vum 19. Jorhonnert identesch as. Wat deemools d'Dampmaschin an den elektresche Stroum war, as haut d'Mikroelektronik, déi all Liewens- an Aarbechtsberäicher ëmkrempelt.

Keng Revolutioun vun deem Ausmooss vergeet ouni radikal Verännerungen an der Aarbechtswelt, déi 24 op 24 Stonne funktionnéiere wäerd. Déi klassesch Aarbechtszäite wäerten a Fro gestallt gin, d'Computeren an d'Maschine wäerte méi schaffen, an de Mënsch dofir manner. Dësweidere mécht eis d'Tatsaach, datt Expäre viraussoen, datt a 15 Jor nëmme méi 17% vun allen Aarbechtsplazen ouni Qualifikatioun auskommen, d'Aën definitiv op, wat d'Importenz vun der Formatioun, vun der Weiterbildung an der Ëmschoulung hei zu Lëtzebuerg ubelaangt. Den technesche Fortschritt as weder d'Paradäis vu muer, nach d'Enn vun allem. Mir sollten dës Erausforderung ouni Schetklappen ugoen.

D'Äntwert op déi sozial Kris, déi héich an dauerhaft Aarbechtslosigkeit forcément provozéiert, heescht net unilateral manner schaffen, mä eng besser Harmonie tëschent der Aarbecht, dem liewenslaange Léieren an engem bessere Liewen ze schafen, ouni zum Beispill déi aarbechtsrechtlech Fundamenter ze zertrëppelen, déi eis net nëmme sozial Gerechtegkeet garantéieren, mä och eng héich Produktivitéit a Konkurrenzfähigkeit par rapport zu eisen Nopeschlänner.

Schlussendlech, quant au fond, brauch d'Politik - an dat gëlt besonnesch fir Lëtzebuerg - sech net allen anere soziale Kräften am Stat zu substituieren. Am Klortext heescht dat, datt dëst Gesetz den öffentliche Institutionen, de Gemengen, de sozialen Associatiounen a Verbänn, den Delegéierten an de Betriber, den Delegéierte fir d'Chancëgläichheet asw. nei Instrumenter gët, déi si an den nächste Méint a Joren auszufüllen hun, fir datt eppes bougéiert.

Virun allem baut dëse Projet och gréisstendeels op d'Wierksamkeet vum Lëtzebuerger Tarifwieschen, well et am Kollektivvertraagwieschen hei zu Lëtzebuerg, am Géigesaz zu villen Nopeschlänner, eng breet Streung vu Kollektivverträge gët. Zweek staark Partner sëtze sech géintwärtig, ouni ze verkennen - och déi Garde-fous sin an dësem Gesetz virgesinn -, datt d'Gesetzer och eventuell Dérapage verhënnere musse kënnen.

Léif Kolleginnen a Kollegen, nom beschäftigungspoliteschen Débat d'orientation, deem eis Châmber den 13. November 1997 no längeren Auditioone mat de Sozialpartner ofgeschloss huet, an nom Sommet iwwer den Emploi den 20. an 21. November 1997 hei zu Lëtzebuerg huet d'Regierung de 6. Februar 1998 d'Tripartite aberuff, fir eng Verhandlung iwwer d'Lignes directrices vum Sommet zu Lëtzebuerg unzufänken. No 60 Stonne Verhandlungen as den 18. Abrëll 1998 en Accord ofgeschloss gin. Deen Accord as eemoleg an der Démarche par rapport zu dene 14 anere Länner, déi sech de Lignes directrices vum Sommet vu Lëtzebuerg ënnerzün hun. En Examen intérimaire as de 15. a 16. Juni 1998 um Sommet vu Cardiff gemaacht gin.

D'Sozialpartner si bal iwwerall an den anere Länner weening oder guer net associéiert oder an d'Négociatiounen mat abezu gin, fir d'Lignes directrices umzusetzen. An engem Tableau comparatif, deen den europäesche Gewerkschaftsbond e puer Deg virum Sommet vu Cardiff opgestallt huet, huet Lëtzebuerg eng generell positiv Benoutung fir séng Methoden a séng Theme kritt, déi am Kader vun den Négociatiounen mat der Tripartite niddergeluegt gi sin.

Den Accord Tripartite versetzt sech a folgende Kontext:

- den Emploi salarié huet an de Joren 1985 bis 1998 ëm 48%, dat sin 215.000 Leit, zougeholl;

- den Travail frontalier huet an där selwechter Zäit ëm 500% zougeholl, dat si 67.000 Grenzgänger, dat heescht 31% vun der aktiver Bevölkerung;

- de Chômage as an där selwechter Zäit vun 1,7% op 3,6% an d'Luucht gaangen;

- virun allem d'Jugendarbeitslosigkeit huet bis op 6,2% zougeholl. Dat läit nach e gudden Strapp iwwer der Moyenne tout court;

- de Beschäftigungsgrad bei de Fraë läit mat 38% zu Lëtzebuerg wäit ënner dem europäeschen Duerchschnitt vu 45%;

- de Beschäftigungsgrad vun den iwwer 50-Jäerege läit zu Lëtzebuerg bei nëmmen 20%, vis-à-vis vun enger Moyenne an der Europäescher Unieon vun 28%.

Doraus resultéiere folgend Objektiv:

- d'Konsolidéierung vun de bestehenden Aarbechtsplazen;

- d'Augmentatioun vum Taux d'activité, virun allem vun den Awunner;

- d'Augmentatioun vum Taux d'emploi vun de Fraë;

- cibléiert Aktiounen fir Risikogruppen, virun allem jonk Leit a Laangzäitarbeitsloser;

- de Versuch an d'Volontéit, fir déi quantifizéiert Ziler aus de Lignes directrices endéans vun 18 Méint hei zu Lëtzebuerg ze erreechen;

- all jonken Aarbechtslose muss no dräi Méint an all erwuessenen Aarbechtslosen no sechs Méint vun enger Mesure d'intégration oder de réintégration profitéieren;

- de Prozentsaz vun den Aarbechtslosen, déi vun enger Mesure de formation profitéieren sollen, soll vun 22% op 25% an d'Luucht gesat gin

Den 10. August 1998 déposéiert d'Regierung de Projet de loi 4459, deen dem Plan d'action national, esou wéi en an der Tripartite ofgeschloss gin as, eng gesetzgeberesch Basis soll gin. De 15. Juli, léif Kolleginnen a Kollegen, gouf hei am Haus eng Spezialkommissioun dofir agesat. De 24. Juli hat d'Spezialkommissioun eng éischt Aussprooch mam Aarbechtsminister iwwer d'Resultater vun

der Tripartite. No 13 Réuniounen an zwee Trains d'amendements mat insgesamt 62 Stéck huet d'Spezialkommissioun den 28. November 1998 hire Rapport majoritär ugeholl.

Ier ech an den Detail vun dene Moosnamen gin, wëll ech préliminairement soen, dass dës Rapport eis Aarbechten - virun allem do, wou Amendementer an Diskussiounen stattfand hun - gutt erëmgët. Ech wëll mech dofir nëmmen op dat Wesentlecht beschränken. Ech wëll dat an der Reiefolleg vun dene sechs Kapitele maachen, wéi se am initiale Projet waren, an net an där vum iwweraarbechtene Projet vum Conseil d'Etat, well dat an der Logik an an der Suite vun de Moosnamen nach e bësse méi schwéier géif gin.

Dat éischt ass d'Kapitel vun der konsolidéierter Beschäftigungspolitik.

Den initiale Projet huet virun allem drop gesat, fir eng Weiderféierung vum bestehenden Instrumentarium säit dem Gesetz vun 1978 ze maachen, dat heescht, fir d'Division d'auxiliaires, d'Stages de préparation en entreprise, d'Stages d'initiation asw. weiderzeféieren. Si wëllen och nach e Stage de réinsertion fir eler Aarbechtsloser aféieren.

D'Refonte vun all dene Moosnamen - fir se ze zentrieren, fir se méi lisibel a koherent ze maachen, fir se méi klor ze gestalten - war an der Tripartite net gelongen. Dofir huet d'Spezialkommissioun sech där Aufgab ugeholl an an engem éischten Train vun Amendementer déi dote Refonte gemaacht.

An Zukunft gët et um Gebitt vun de Beschäftigungsmoosnamen zwou grouss Moosnamen: engersäits de Contrat d'auxiliaire temporaire an anersäits de Stage d'insertion ou de réinsertion. Dee gréissten Ënnerscheed tëscht den zwee läit doranner, dass beim Contrat d'auxiliaire temporaire de Kontrakt tëscht dem betroufene Chômeur an der Entreprise gemaacht gët, a beim Stage d'insertion ou de réinsertion gët de Kontrakt tëscht dem Betrib an der Administration de l'Emploi gemaacht. Dee jonken oder elere Chômeur gët vun der Administration de l'Emploi an d'Entreprise détachéiert. Hien huet awer keng kontraktuell Relatioun mat där Entreprise.

De Contrat d'auxiliaire temporaire ersetzt dat, wat fréier d'Division d'auxiliaire temporaire am öffentlechen Secteur an de Stage d'initiation am private Secteur war. Hei gët keen Ënnerscheed méi tëscht dem öffentlechen an dem private Secteur gemaacht. En ass nach ëmmer gültig fir jonk Aarbechtsloser ënner 30 Jor. Am Prinzip dauert en 3 bis 12 Méint.

Et ass net méi eleng eng Beschäftigungsmoosnam, mä et kënnt och e Volet Formation dobäi. Et kënnt en Tuteur an e Parcours d'insertion mat engem Bilan de compétence dobäi. Dat gët eis d'Geleeënheet, fir all Chômeur eng Äntwert op séng individuell Problemer ze gin.

An Zukunft soll deen, deen an engem Contrat d'auxiliaire temporaire ass an eng Formation kritt, 80% vum

soziale Mindestloun kréien. Wann e keng Formatioun ugebuede kritt oder brauch, da kritt en, esou wéi virdrun, 100% vum soziale Mindestloun. De Fonds pour l'emploi rembourséiert am Privatsecteur 50% vum där Indemnitéit an am öffentleche Secteur 85%.

Déi zweet Moosnam bënt d'Administration de l'emploi an d'Betribler an a féiert domat de Stage d'insertion fir jonk Aarbechtsloser ënner 30 Jor an, wat fréier u sech de Stage de préparation en entreprise war. Deen as bal identesch mam Contrat d'auxiliaire temporaire.

Als nei Moosnam kënn e Stage de réinsertion fir eler Aarbechtsloser, déi iwwer 30 Jor hun a mindestens 3 Méint ageschriwwen sin, dobäi. Si kréien entweder hir Chômageentschiedegung weider oder bezéien de soziale Mindestloun.

Am initiale Projet war virgesinn, datt et beim Contrat d'auxiliaire temporaire eng gesetzlech Méiglechkeet géif gin, fir bei jonke Fraën - fir den Taux d'activité vum de Fraën ze förderen - 65% vum Fonds de l'emploi rembourséiert ze kréien. Bei jonke Männer sin et 50%.

Mir sin an engem Amendement op eng Formule zréckkomm, déi seet, datt et 65% fir de Sexe sous-représenté sin, fir dem Staatsrot d'Geleënheet nët ze gin, fir an enger Opposition formelle op de Prinzip de l'égalité du citoyen devant la loi ze kommen. An Zukunft gët dëst Gesetz d'Méiglechkeet, fir dem Sexe sous-représenté - wat an dene meeschte Beräicher d'Fraë sin - méi en héije Remboursement ze bewëlligen.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Wéi kritt Der dat dann an der Praxis ëmgesat?

M. Lucien Lux (LSAP), co-rapporteur. - D'Diskussion geet jo haut eréischt un, a mir wärten nach vill Geleënheet kréien, fir op déi eenzel Argumenter anzegoen.

Erënnere wëllt ech, dass den Taux de réussite vum där Moosnam hei, déi d'Division d'auxiliaires temporaires an de Stage d'initiation war, an dene leschte Jore bei 80% loun. Dat heescht 80% vum de jonke Leit, déi duerch esou eng Moosnam gaange sin, hun herno um definitiven Aarbechtsmaart eng Plaz kritt, an dofir muss et eise Souci sin, dass dës Moosnamen an denen nächste Joren eng Bréck duerstelle fir an den definitiven Aarbechtsmaart, an et nët eng Situatioun soll sin, déi op laang Zäit soll weidergoen.

De Chapitre II beschäftegt sech da mat der Aarbechtszäitorganisatioun, an et as sécherlech deen, iwwer dee mer an de leschte Méint am meeschten diskutéiert hun. Souwuel d'Chamber 1997, wéi och d'Lignes directrices an d'Tripartite gravitéieren ëmmer ronderëm d'Fro: wéi brénge mir et fäerdeg, eng Balance, eng gerecht, eng soupel Balance ze fannen tëschent Flexibiliséierung vum der Aarbechtszäit an enger méi grousser Sécherheet vum den Employéëen an de Salariéëen?

- Flexibilitéit, eng Fuerderung vum den Entreprisë säit Joren, fir eng méi rationell, eng méi effikass Organisatioun ze kréien, méi schnell kënnen op Fluktuatiounen,

previsibler oder imprevisibler, an der Entreprise ze reagieren.

- Flexibilitéit awer och, fir Iwwerstonnen ofzebauen, déi deier gin, well se musse mat engem Surplus bezuelt gin, an doduerch d'Fuerderung, eng méi grouss Souplesse ze kréie bei den Aarbechtszäitkorridoren, dat heescht d'Geleënheet, bis zu enger Referenzperiod vum engem Jor d'Leit méi laang, souwuel am Dag wéi an der Woch, schaffe kënnen ze loossen.

- Sécherheet vum de Salariéëen op där anerer Säit, well d'Rechter vum de Salariéëen intakt bleiwe fir eng plus ou moins geregelt Aarbechtszäit, fir eng virausschauend Organisatioun vu Fräizäit a Famill ze maachen. A wann een an dësen Deg an der däitscher Press liest, dass dee viru Joren als revolutionär dohinner gestalltene Kollektivvertrag mat der Aféierung vum der 4-Deg-Woch bei VW haut erëm réckgäנגig gemaacht gët, souguer mam Accord vum Patronat, well en dozou gefouert huet, bei de Salariéëen an an hirem Ëmkreess virun allem dat soziaalt an dat gesellschaftlecht Liewen kapott ze maachen, da gesäit een, dass déi noutwendeg Balance an Equatioun tëschent Flexibilitéit a Sécherheet eng ganz wichteg Fro as, wou een nët egal wat ka maachen.

D'Resultat vum deem, wat haut virläit, as e Bekenntnis zu der 40-Stonne-Woch an zum 8-Stonnen-Dag als Regelfall. Et gët dann dräi Niveauën, wou déi Situatioun kann iwwergaange gin.

An de Kollektivverträge, do wou négociéiert gët tëschent de Sozialpartner, kënnen Ausname bis zu engem 4-Stonnen-Dag an zu 48 Stonnen d'Woch gemaacht gin. An eenzelne Secteuren iwwer Règlement grand-ducal, an de Kollektivverträge oder duerch den Aarbechtsminister kann dat bis zum 12-Stonnen-Dag goen, mä an enger Prozedur, déi een als eng "procédure lourde" kennt bezeichnen, fir dass och hei keng Willkür geschitt.

An de Kollektivverträge kann eng Referenzperiod verhandelt gi bis maximal e Jor, also déi sougenannt Annua-liséierung. Dat heescht, an der Moyenne iwwer e Jor muss d'40-Stonne-Woch garantéiert bleiwen, mä am Kader dovu kënnen Korridore bis zu 10 Stonnen den Dag an zur 48-Stonne-Woch féieren.

Dobäi kënn, dass an dene Kollektivverträge - wat nei as - et an Zukunft eng Obligation de négocier gët fir Froë vum Aarbechtszäitorganisatioun, Aarbechtszäitreduzéierung, Ofbau vum Iwwerstonnen, Formatioun, Plan d'actions positives fir d'Gläichstellung vu Männer a Fraën, Weiterbildung an esou virun. Dat heescht, an Zukunft muss bei all Kollektivvertrag iwwer all déi dote Froen tëschent Gewerkschaften, dem Patronat an den Direktiounen vum den Entreprises négociéiert gin.

Häerzstéck vum deem Projet, deen haut virläit, soll a muss de kollektivvertraagleche Plang bleiwen, well deen d'Häerz vum deem betrëfft, wat dobaussen an der Realitéit besteet, wou Patronat a Gewerkschaften sech fannen, fir sënnavoll Accoren ofzeschlëssen. Déi Pläng eleng erlaben déi Balance, déi der Chamber am November 1997 esou staark um Häerz loun, an zwar dass d'Flexibilitéit soll

verbonne si mat engem Präis, deem dofir ze bezuelen as, sief dat a Lounaugmentatiounen oder duerch Aarbechtszäitreduzéierungen, esou wéi d'Sozialpartner et fuerderen a sech eens gin.

Nei an deemem Projet as dann och, niewent der Obligation de négocier iwwer d'Aarbechtszäitverkierzung, dass de Stat fir d'éischte Kéier eng Hëllef gët gemäss där Motion, déi mir hei am Parlament geholl haten, dass, wa Sozialpartner sech an engem Accord eens gin iwwer Flexibiliséierung an där domat verbonnener Astellung vun zousätzleche Leit am Betrib, de Stat bereet as, fir fir déi Leit während fënnef Jor d'Soziallaaschten ze droen.

D'Aarbechtszäitverkierzung gët fir d'éischte Kéier an engem Gesetz als ee Moyen vu ville consacré, an et gët de Sozialpartner iwwerlooss, domat an denen nächste Joren ze schaffen.

Bedauere kënn een, dass déi néng Secteuren, déi haut nach ausgeschloss si vum Regelfall vun der 40-Stonne-Woch, wou virun allem den Transportsecteur, d'Hôtellerie an och d'Santé drënner falen, nët heimat definitiv geregelt gin, mä mir wëssen, dass um kontraktuelle Plang am Transportsecteur eng Rei vun Accoren tëschent de Sozialpartner stattfond hun, mer dat och an der Hôtellerie musse fäerdegbréngen an am Beräich vun der Santé haut d'Kollektivvertrëg scho laang zu bessere Léisunge komm sin, wéi d'Gesetz dat virgesäit.

Dës Démarche an de Kollektivvertrëg responsabiliséiert déi eenzel Sozialpartner. Si as compatibel mat dene Gepflogenheten, déi mir säit Joren, fir nët ze soë säit Jorzéngte kennen. Si as virun allem ugepasst un déi jeweilig Betribssituatioun an un d'Tatsaach, wéi d'Léin an där Entreprise sin, well et as evident, dass an dene Secteuren, wou d'Léin niddreg sin, d'Sozialpartner an d'Gewerkschaften, hir Leit an hir Belegschaften oft dofir optéieren, fir als Präis fir Flexibiliséierung méi héich Léin ze kréien, wéi a Secteuren, wou héich Léin bezuelt gin, wou d'Fro vun der Aarbechtszäitverkierzung an de Käpp vun de Leit scho vill méi op as.

D'Spezialkommissioun huet dësen Deel vun der Aarbechtszäitorganisatioun am Projet mat enger normaler Temperatur zur Kenntnis geholl an den initialen Text fir gutt befond.

Da kommen ech direkt zum zweeten Deel, deem d'Spezialkommissioun mat méi enger ënnerkilltener Temperatur zur Kenntnis geholl huet, nämlech d'Aféierung vun enger legaler, genereller, allgemenger Referenzperiod vu véier Wochen, an där Referenzperiod dann och Korridore bis zu 10 Stonnen den Dag an 48 Stonnen d'Woch méiglech sin. Sécher as dëst e Kompromiss. Mir wëssen aus dem Mond vum Aarbechtsminister an der Kommissioun, dass d'Patronat an den Tripartiteverhandlungen laang d'Annualiséierung gefuerdert huet an dëst ganz zum Schluss de minimale Kompromiss war, fir d'Referenzperiod op nëmme véier Wochen ze léien. Mir wëssen och, dass a villen anere Länner, och an der europäescher Unioun, identesch a virun allem méi wäitgehend Referenzperiode generell a legal an de Gesetzter ageschriwwen sin.

Dëse Kompromiss as nët dramatesch, wann en uerdentlech an am Respekt vun denen zwou Säiten um Terrain ëmgesat gët an eng vun denen Institutiounen, déi dofir do sin, virun allem d'Gewerbeinspektioun, dat gutt kontrolléiert. Wa mer eis dann nach an d'Lag versetzen, fir am Laf vum Jor 2002 e seriöse Bilan iwwer dës Moossnam ze maachen, da kann déi legal, generell, nët négociéiert Referenzperiod eppes brénge fir déi zwou Säiten.

D'Spezialkommissioun huet virun allem an hire Sëtzungen doru geschafft, fir de Volet vun der Sécuritéit vun de Salariéen ze verbesseren, de Plan d'organisation, dee mat deemem Projet agefouert gët, méi contraignant ze gestalten an domat Auswüchsen um Terrain ze verhënneren.

Et géng ze wäit féieren, wann ech elo de Rapport am Detail géng maachen iwwer all déi Diskussiounen zu deemem Thema an iwwer déi Resen, déi eenzel Amendementen hin an hir gemaacht hun tëschent dem Staatsrot, der Spezialkommissioun, der Regierung, iwwer déi eenzel Avis vum de Beruffskammeren, déi eenzel Positiounen vun de Gewerkschaften an de Patronatsorganisatiounen.

D'Spezialkommissioun war der Meinung, dass den initiale Projet eng zevill grouss Flexibilitéit géif enthalten, an huet dofir, zesumme mat der Regierung a virun allem mam Aarbechtsminister, versicht, fir eng Rei vu Garde-fouën anzesetzen. D'Resultat dervun as, dass e Plan d'organisation du travail déi Referenzperiod soll regelen. Véier Deg virum Ufank vun der Referenzperiod muss en ausgehaange gin. En Avis soll zwar vun der Delegatioun ofgi gin, huet awer kee suspensive Charakter.

Mir hun iwwer Amendementen an der Spezialkommissioun derfir gesuergt, dass de Plan d'organisation du travail muss fënnef Deg virum Ufank vun der Referenzperiod festleien, prezis all previsibel Fluktuatiounen innerhalb vun der Entreprise enthalten, also ob an der éischter Woch 10 Stonne geschafft gin, an der zweeten Woch och 10 Stonnen an an der drëtter a véierter Woch sechs Stonnen, fir d'Moyenne vun aacht Stonnen den Dag a 40 Stonnen d'Woch ze garantéieren, fir dass ebe jhust, wéi ech et virdru gesot hun, d'Salariéen d'Méiglechkeet hun, hiirt Familjeliewen, hiirt Fräizäitliewen nach uerdentlech kënnen ze organiséieren. Nëmme bei imprevisiblen Iwwers-tonnen, déi gemaacht gin, kann innerhalb vun der Referenzperiod, ouni dass et am Plan d'organisation virdru bekannt war, kompenséiert gin, awer ëmmer am Kader vun dene véier Wochen.

D'Matsproochrecht vun de Belegschaften an hiren Delegatiounen gët doduerch verbessert, dass, wa véiermol en Avis négatif komm as, en Arbitrage beim Direkter vun der Gewerbeinspektioun gefrot gët. A wann och deem Direkter nët an der Lag as, fir déi zwou Parteien zu engem Kompromiss ze féieren, gët dat e Litige, wéi mir en haut scho kennen, dee virun d'Conciliatioun geet an do am Verbond vun den national representative Gewerkschaften diskutéiert gët.

Fir eis war et wichteg an elementar, dass déi Prozedur do bis zur Conciliatioun geet, well jidfereen heibanne weess, dass an der Conciliatioun bei de permanente Memberen d'Gewerkschaften derbäi sëtzen, déi sech

dann esou engem Litige du travail kënnen unhuelen a wa méiglech och d'Leit esou organiséieren, fir dass et méiglech gët, iwwer de Kollektivvertrag zu bessere Solutionen ze kommen.

Mir hu weider derfir gesuergt, dass e Plan d'organisation du travail nët kann derzou féieren, dass d'Aarbechtszäit, déi an engem Contrat de travail ofgemaacht as, essentiel verännert ka gin. Op Lëtzebuerg bezun heescht dat, wann ech e Contrat de travail am Temps partiel hun, fir fennefmol moies vun 8 bis 12 ze schaffen, da kann d'Referenzperiod mech nët dozou forcéieren, fir vun enger Woch op déi aner mëttes vun 2 bis 6 oder owes vun 8 bis 12 ze schaffen. Dat geet och an Zukunft nëmmen iwwer eng Modification essentielle am Kader vum Artikel 37 vum Gesetz iwwer de Contrat de travail vun 1989. Dat as praktesch eng Kënnegung vum Kontrakt, déi do muss virgeholl gin, fir derfir ze suergen, dass hei nët Schindluder mat de Leit vun enger Woch op déi aner gedriwwe gët.

Mir hun an engem zweten Train d'amendements - ouni se wëllen ze kommentéieren - wéinst de bësse iwwerdriwwene Reaktiounen vun de Patronatsverbänn derfir gesuergt, dass am Text de Wuertlaut vun der Proposition vum Staatsrot erausgeholl gët, Wuertlaut, dee gesot huet: "d'Referenzperiod kann nëmme genotzt gin, fir previsibel an imprevisibel Fluktuatiounen ze beäntweren", well mer der Meinung waren, dass juristesche am Prinzip an enger Entreprise alles eng previsibel oder eng imprevisibel Fluktuatioun as, an dat fir ze garantéieren, dass nët d'Gerichter herno décidéieren, wat dann elo an der Referenzperiod méiglech an nët méiglech as.

Ech wëll am Zesummenhank mat der Aarbechtszäitorganisatioun och erwähnen, dass d'Fraktioun vun de Gréngen an der Spezialkommissioun en Amendement abruecht huet, dee sech largement inspiréiert huet un de Motiounen vun der Chamber vum November 1997, fir ze fuerderen, dass an d'Gesetz soll dra stoë kommen, dass, wa Flexibiliséierung gemaacht gët, dat muss beäntwert gi mat der genereller legaler Aféierung vun der 39-Stonnen-Woch an denen Entreprises, déi méi wéi 20 Salarieën hun.

Mir hun eis mat deem Amendement an der Spezialkommissioun auseneegesat, wou en zwar keng Majoritéit fond huet, well mer engersäits der Meinung waren, dass mer de Primat vun där Missioun léiwer de Kollektivvertrag an denen nächste Méint a Joren iwwerloossen - an dene bal 200 Kollektivverträge, déi mir hei am Land hun, as haut scho vill geschitt -, an anerersäits d'Angscht do war, déi begrent gët duerch d'Erfahrungen, déi eisen Noper Frankräich gemaacht huet, dass eng esou minim Aarbechtszäitverkierzung vu 40 op 39 Stonnen d'Woch virun allem géing dozou féieren, dass an den Entreprises an Zukunft an der Praxis dat selwecht an 39 Stonne gemaacht géif gin, wat virdrun a 40 Stonne gemaacht gouf, d.h. d'Produktivitéit an den Entreprises an d'Aarbechtsrhythme géifen an d'Luucht gesat gin, wat néfaste Folgen hätt fir d'Humaniséierung innerhalb vun den Entreprises.

Den drëtten groussen Bestanddeel vun deem Deel vun der Aarbechtszäitorganisatioun war dee vum Temps partiel.

Dir wësst, dass d'Deelzäitaarbecht hei zu Lëtzebuerg am Verglach zu eisen Nopeschlänner wéineg dévoppéiert as. D'Gesetz vum 26. Februar 1993 iwwer den Temps partiel huet no laangen Diskussiounen iwwer de Rôle vun den Iwwerstonnen am Temps partiel da virun allem och dee vun den Heures complémentaires ugeschnidden, déi als neie Begrëff jo deemools an der Diskussioun waren, fir ze soen, dass all Stonn, déi iwwer déi festgeluegten Zäit vun engem Temps partiel eraus geet, eng Iwwerstonn wär.

Den initialen Text, dee mer proposéiert kritt hun am August, huet da virgesinn, dass och beim Temps partiel eng Referenzperiod vu 4 Woche géif agefouert gin, wou also déi ofgemaachten Zäit am Kontrakt - z.B. 20 Stonnen d'Woch - kennt fluktuéieren, awer ëmmer an der Moyenne vu 4 Woche misst bei 20 Stonnen bleiwen, an dass an Zukunft eng 50%eg Flexibiliséierung vun deem Horaire soll méiglech sin; d.h. op lëtzebuergesch, dass een, deen e Kontrakt huet vun 20 Stonnen, 20+10 Stonnen, also 30 Stonnen an enger Woch kéint gedoë gin ze schaffen, awer ëmmer, wéi gesot, an der Moyenne vun 20 Stonnen, gekuckt iwwer 4 Wochen.

Eis huet déi Flexibiliséierung ze héich geschéngt, a mir hun iwwer Amendment déi 50% erofgesat op 20%, virun allem och, fir dem Prinzip vun der Egalité du citoyen devant la loi ze entsprechen, dee seet, dass hei eng Identitéit higestallt gët mat denen, déi à temps plein schaffen a jo och - vu 40 op 48 Stonnen - eng Flexibiliséierung vun ebe jhust 20% hun, well 8 Stonnen 20% vu 40 Stonnen duerstellen; dass mer also dee selwechte Prinzip beim Temps partiel géife gëlle loossen.

Et huet eis wéigedoen, dass virun allem de Staatsrot deem Prinzip vun der Egalité du citoyen devant la loi aus Opportunitéitsgrënn nët Rechnung gedroen a proposéiert huet, a séngem Avis complémentaire, fir erëm zrëckzekomme vun 20% Flexibiliséierung op 50, deem mer awer nët Rechnung gedroen an eis zesumme mat der Regierung drop géenegt hun, an der Kommissioun, fir bei 20% Flexibiliséierung ze bleiwen.

Et bleift ervirzehiewen, dass an deem Kapitel hei och eng Rei vu Moossnamen enthalte si fir d'Bekämpfung vun den Iwwerstonnen. Dat as u sech schon d'Referenzperiod selwer, mä dass och doriwwer eraus an Zukunft Iwwerstonnen nët nëmme finanziell kompenséiert gin duerch en Zouschlag vu 25% bei den Aarbechter a 50% bei de Privatbeamten, mä och ka kompenséiert gi mat annerhalwer Stonn Fräizäit. Hei as et och fir d'éischt Kéier faerdegbruecht gin, wat e richtege Wee as, dass et keen Ennerscheid méi gët tëscht Aarbechter a Privatbeamten. Jidder huet also déi selwecht Héicht vu Kompensatioun, nët wéi beim finanziellen Zouschlag.

Mir hun an engem Amendement dofir gesuergt, och op Demande hi vun de Patronatschamberen, fir déi Limite, déi am initiale Projet stoung, vu 5 Salarieën aus dem Gesetz crauszhuelen a jidder Betrib d'Geleënheet ze

gin, egal wéi grouss dass en as, fir déi Kompenséierung also och iwwer Fräizäit ze maachen. Et as un de Sozialpartner, fir an de kontraktuellen Diskussiounen de Choix ze treffen.

Et sief drun erënnert, wa mer vun Iwwerstonne schwätzen, dass dat nët nëmmen an der Bundesrepublik Däitschland, wou mer viru kuerzem d'Zuel vun den Iwwerstonnen héieren hun, mä och zu Lëtzebuerg e grouss Problem as! Wann ee weess, dass 1997 op e Questionnaire, deen un d'Betriber gaangen as, nëmme 37% vun den Entreprisë geäntwert hun, an déi 37% hun ugin, dass insgesamt 321.947 Iwwerstonnen an den Entreprisë gemaacht gi sin; wa mer dat héichrechnen, wéi wann 100% vun den Entreprisë geäntwert hätten, da wäert mer bal bei enger Millioun Iwwerstonnen hei zu Lëtzebuerg ukomm, soudass dat also schon e Feld as, wou et noutwendeg as, dass d'Sozialpartner et an Zukunft heackeren.

De Chapter 3 vun dësem Gesetz, hun ech gesot, betrëfft d'Lignes directrices, déi um EU-Sommet festgehale gi sin. Si setze sech virun allem och an, fir an de Beschäftigungspolitikken de Prinzip vun der Egalité des chances tëscht Männer a Fraën an den Entreprises nët aus den Äen ze verléieren. Fraën dierfen nët d'Affer vun där gespaantener Aarbechtsmaarsituatioun gin, esou wéi dat oft an der Vergaangenheet de Fall war. Ech géing bal soen, de Géigendeel misst de Fall sin! Dofir gesäit de Chapter eng Rei vun Aidë vir, an zousätzlech dräi grouss Moossnamen, déi ech kuerz wëll kommentéieren.

Déi éischt as déi vum Congé parental, wou eis eng Direktiv, d'Direktiv 96/34, am Nacke sëtzt, an och déi Volontéit, déi d'Majoritéit an der Regierungserklärung vum 22. Juli 1994 zu dësem Punkt ausgedréckt huet.

Déi heiteg Proposition, déi elo am Gesetz virgesinn as, huet véier grouss Finalitéiten:

- den Elteren d'Geleënheet ze gin, 12 Méint bei hire Kanner kënnen ze sin an dozou bäizedroen, fir hir Erzéiung a virun allem hir éischt Méint flott kënnen ze gestalten;

- eng besser Koordinatioun tëscht Familjeliewen a Beruf hirzestellen;

- eng echt Partnerschaft tëscht Männer a Fraën ze instauréieren, doduerch dass jidder Partner kann dovun profitéieren an nët ee Partner deem anere säi Congé parental kann iwwerdreen, an

- e positiven Effet op den Aarbechtsmaart ze kréien, doduerch dass iwwer dee Wee hei Leit, virun allem jonk Leit, kënnen an den Aarbechtsmaart ageschriwwen gin, kënnen schnuppere goen a wa méiglech och dono an deem Aarbechtsmaart kënnen bleiwen.

Déi Bestëmmungen, déi dëse Gesetzprojekt enthält, dépasséieren ech géing bal soë largement déi vun der Direktiv vun der europäescher Unioun: 6 Méint fir jidder een direkt no der Schwangerschaft, ee bis zum Alter vu 5 Jor, en individuellt Recht, wéi ech gesot hun, mat enger Garantie de réemploi, déi nei as par rapport zu all deem, wat mer bis elo kannt hun. U sech hat bis elo jhust

den öffentleche Secteur am Statut eng Garantie de réemploi. Et as fir d'éischt - an dofir nët onwesentlech, wann een driwwer diskutéiert -, dass mer dee Prinzip och hei am Privatsektor eng Kéier consacréieren.

Et gët eng Indemnitéit vun, wann et 6 Méint sin, 60.354 Frang an, wann et am Temps partiel as, iwwer 12 Méint, vun 30.177 Frang, wat zweemol den Total vun där Zomm gët, déi bal identesch as mat där heiteger Allocation d'éducation, déi 24 Méint 16.600 Frang bedréit an ongeféier op dee selwechte Moment erauskënnt.

Déi genannten Objektiver - an doriwwer soll ee sech keng Illusiounen maachen - sin och fir Lëtzebuerg e gewaltegen Défi, e gewaltegen Défi an de Familjen, fir doraus eppes ze maachen, e gewaltegen Défi fir eng besser Partnerschaft tëscht Männer a Fraën, ebe jhust och am Stot, en Défi um Aarbechtsmaart, fir et fäerdegzebréngen, dass et iwwer dëse Wee, praktesch ënner der Definition, Aarbechtslosigkeit mat Aarbecht ze bekämpfen, zu konkrete Resultater kënnt, a schlussendlech, wann ee virun allem d'Kommentaren aus dene leschte Méint a Woche gelies huet, e forniidablen Défi an de Käpp vu ville Lëtzebuergerinnen, Lëtzebuerger a Résidenten hei zu Lëtzebuerg, fir ze verstoen, wat fir e gesellschaftspoliteschen Impakt déi Moossnamen hei a Wierklechkeet hun.

De Staatsrot huet proposéiert, well dat heiten, de Congé parental, näischt mam Aarbechtsmaart ze din hat - dee Sprong war jiddefalls an de Käpp vun de Staatsrootsmemberen nach nët méiglech -, fir deen aus dësem Projet de loi hei erauszehuelen an en extrat Gesetz dofir ze maachen. Mir sin als Spezialkommissioun der Meinung gewiescht, dass mer ebe jhust dofir sollte suergen, dass dat heite sollt e Ganzt bleiwen, well et eng vernetzt Äntwert op vill Problemer dobaussen an der Realitéit as, an doriwwer eraus hu mer eng Rei vun techneschen Amendementen z.B. bei de Froë vun der Adoptioun gemaacht.

Am gläiche Kontext - an och an enger Direktiv - hu mer dann an dësem Projet och de Congé pour raisons familiales. En huet eng laang Geschicht a steet och an der Regierungserklärung vun 1994. E Projet de loi vum Famijeministère mat enger schéiner Nummer, 4142, war an dësem Haus...

(Interruption)

Vum Fraëministère, pardon! D'Nummer as awer richtig, 4142!

...schon eng Kéier deponéiert; d'Propositions de loi vun de Kollegen Änder Hoffmann a Mars Di Bartolomeo, Amendement an der Spezialkommissioun vun der Fraktioun vun dene Gréngen: alles dat, deen initialen Text, dee 5 Deg am Fall vun enger Maladie grave virgesinn huet, krut eng Opposition formelle vum Staatsrot, wou haut nach keen esou richtig verstanen huet, wat dann eigentlech d'Ursaache fir déi Opposition formelle waren.

Géintiwier der Proposition vum Staatsrot, déi nach méi réckstänneg war wéi alles, wat mer bis dohi kannt

hun, nämlech 5 Deg ze bewëllegen, déi awer nët rémunéiert wäeren, huet d'Spezialkommissioun an enger vun hire leschte Sätzungen da finalemente dofir optéiert, fir jidder Salarié zwee Deg pro Kand pro Jor ze bewëllegen, mat engem Certificat médical, deen attestéiert, dass d'Presenz vun engem Elterendeel beim Degré de maladie an der Situatioun, wéi se sech ebe stellt, noutwendeg as. De Congé pour raisons familiales kann iwwer déi zwee Deg ausgeweit gi bei enger Maladie oder Déficience vun enger exceptioneller Gravitéit, op Basis vun engem Avis vum Contrôle médical a vun enger Prozedur, déi an engem Règlement grand-ducal mat définéiert muss gin.

Eng drëtt grouss Moosssnam am Kapitel vun der Egalité des chances war déi vun de Plans d'actions positives, déi en Instrument an de Betriber vun der Ëmsetzung vun der Direktiv iwwer d'Egalité des rémunérations (75/117), vun der Direktiv iwwer d'Egalité dans l'emploi (76/207) a vun der Direktiv iwwer d'Egalité de traitement en matière de sécurité sociale (79/7) vun der europäescher Unioun soll gin, also fir d'Aféierung vun engem volontaristeschen, awer fräiwëllegen Instrument, fir d'Ongläichheiten an den Entreprises tëscht Männer a Fraen ze bekämpfen, fir méi gerecht Karriärchancen an och eng gerecht Bezuelung, also eng identesch Bezuelung tëscht Männer a Fraen, kënnen ze garantéieren.

Aner Länner praktizéieren déi sougenannte Plans d'actions positives scho säit e puer Jor - Italien an d'Belsch z.B. -, an et gët scho vum 13. Dezember 1984 un eng Recommandatioun vun der Kommissioun vu Bréissel an déi Richtung. Bei eis gët et säit 1993 de Prix féminin de l'entreprise, deen an eng gewësse Richtung geet. Hei kréie mer en zousätzlecht Instrument, innerhalb vun den Entreprises, och fir d'Gläichheitsdelegéierten, déi mer viru Méint hei agefouert hun, woumat ka geschafft gin.

An deem Kapitel hei wär nach vläicht ze ernimmen, dass och d'Aféierung vun der Education précoce am Rame vun der Tripartite décidéiert gin as, sech awer nët an deem Gesetzprojekt erëmspigelt, an dofir war jo och d'Fuerderung do, déi an der Tëschenzäit vun der Regierung acceptéiert gin as nom Débat, dee mer iwwer d'Interpellatioun Gira de leschte Mëttwoch haten, fir och iwwer d'Education précoce e Gesetz ze maachen.

D'Chapitre 4 a 5 wëll ech schnell kommentéieren, well et keng grouss Diskussiounen a Menungsverschiedenheiten zu deem Thema gouf an och keng Amendementen, jiddefalls keng Amendementé gréisserer Natur vun der Spezialkommissioun gemaacht gi sin.

De Chapitre 4 gesäit d'Förderung vun deem schlechte Wuert vum Esprit d'entreprenariat vir, wat näischt anescht heescht, wéi besser Ramebedingungen ze schafe fir d'Gedeien an d'Fördere vu klengen a mëttleren Entreprises an d'Fördere vun der Grënnermentalitéit, wat hei zu Lëtzebuerg bei engem relativ fest verwuerzelte Staatsbeamtendenken nët onwichtig as.

De Plan d'action national gesäit 6 Zorte vu Moosssname vir, déi sech awer nët alleguer an deem Gesetzprojekt erëmfannen, also iwwer aner Weër an den nächsten Méint musse realiséiert gin.

Déi hei am Projet virgesinne Moosssname sollen den Accès un d'Indépendance an un d'Grënnung vun enger Entreprise verbessern, d'Ofschafe vun der Limite vun der Schafung vu 5 Succursale vun enger Entreprise virhuelen, ouni dass mer awer - an dorop hu mer am Rapport Wäert geluegt - vergiessen, dass mer an den nächsten Méint mussen drun denken, bei der Cogestioun vun der Matbestëmmung vun de Salariéen an den Entreprises ebe jhust un dat heite Gebitt erunzekommen, well et beim Opsplécke vu groussen a vill kleng Entitéiten den Entreprises virun allem drëm geet, fir laanscht d'Cogestiounsmoyenë vun de Gewerkschaften an de Salariéen ze kommen.

Am Projet sin och eng Rei vu Moosssname virgesinn zur Bekämpfung vun der Schwaarzaarbecht, verschidde Verbesserungen vun den Öffnungszäiten, d'Iwwerhuele schlussendlech vun der Kotisatioun an d'Caisse vun den Allocations familiales fir Indépendanten a liberal Beruf-fer.

De Chapitre 5 iwwer den Enseignement an d'Formatioun huet zum Zil, Jonker besser virzebereden an hinnen eng Qualifikatioun beim Antrëtt an d'Berufsliewen ze garantéieren. Et soll och verhénnert gin, dass jonk Leit an enger Formatioun Zäit verléieren, déi objektiv nët kompatibel as mat den Exigenzen a Situatiounen, déi sech hinne stellen a si oft dépasséieren.

D'Hauptpunkte vun deem Deel si ganz schnell opgezielt:

- de Secondaire technique soll essentiellement op d'Berufsliewe virbereden an nëmme subsidiaresch op d'Héichschoul;

- eng Redefinitioun vun der Technikerformatioun;

- d'Aféierung vun engem Certificat fir d'Réussite vum Cycle moyen am Régime technique an an der Technikerkarriär;

- méi flexibel Evaluatioun duerch d'Aféierung vu sougenannte Profiles d'orientation;

- eng Präzisioun vum CITP a vun der CCM-Formatioun an och hir spéider Preparatioun op en eventuellen Ofschluss um Niveau vun engem CATP;

- d'Extensioun vum Pool vun den Assistenten an eise Lycéen an d'Regulariséierung vun 12 Educateurs an Educatrices am Service vun der Formation professionnelle.

All dës Moosssname si praktesch honnertprozenteg deckungsgläich mat de Suggestiounen, déi d'Chambre an hirem Rapport d'orientation am November 1997 virgeluegt huet, an hun dofir och an der Spezialkommissioun eng breet Zoustëmmung fond.

Dat 6. Kapitel befaasst sech da schlussendlech mat dräi Punkten: d'Finanzéierung vun deem Gesetzesprojekt, d'Personal an den Iwwergank.

De Finanzement vum Plan d'action national - esou war et an der Tripartite ofgemaacht - soll iwwer de Wee vun der Erhéijung vun der scho bestoender Contribution sociale vun 1 op 2,75 Frang um Bensin geschéien. Den Accord, deem dat virgesinn huet, huet och virgesinn, dass dës Augmentatioun indexneutral soll duerchgefouert gin, fir domat keng kontraproduktiv Inzidenz, kann ee bal soen, op d'Entwécklung vum Index ze kréien. D'Recetté vun deem Relèvement vun engem Frang chiffrière sech ongeféier op 750 Milliounen zousätzlech Einnahme par rapport zu engem generale Coût vun deem Plan d'action national, deem d'Regierung op 2,4 Milliarde festleet; virun allem wat de Congé parental ugeet, as dat keng definitiv Äntwert, well kee weess, wéivill Leit definitiv wäerten dovun profitéieren.

Am initiale Projet hat d'Regierung sech d'Fakultéit gin, fir sech iwwer dee Frang, deem ofgemaacht war an der Tripartite, d'Méiglechkeet ze gin, fir déi Contribution sociale bis zu 4 Frang, selon besoin, an d'Luucht ze setzen, an dat iwwer Règlement grand-ducal. D'Regierung hätt domat eng Marge de manoeuvre kritt, zousätzlech zu deem, wat ofgemaacht war vun 1,25 Frang, well mer jo schon 1,75 Frang haut hun, well 1 Frang ofgemaacht war an der Tripartite, an dann nach 1,25 bis zu 4 Frang iwwer Règlement grand-ducal méiglech gewiescht wäeren.

D'Spezialkommissioun huet an hirer Diskussioun heizou hir Reserven zur Form, nët zum Fong, ugemellt, zu deem, wat hei gemaacht gin as, wat ech am Ufank erkläert hun. Mam Prinzip, fir de Coût vun dëser Operation op aner Facteurs wéi dee vun der Aarbecht ze leën, si mer prinzipiell all d'accord gewiescht, mä d'Habilitatioun fir déi Marge de manoeuvre soll, genausou wéi bei der Fléageversécherung, iwwer de Wee vun engem Gesetz, zum Beispill dem Budgetgesetz, goen, an domat och virun, sief et mat de Sozialpartner, mä virun allem och mam Parlament, diskutéiert gin.

Duerno hu mir en Amendement gemaacht, fir déi Flexibiliséierung, déi Marge de manoeuvre erauszuhuelen an iwwer dee Wee ze assuréieren, dass nëmme dat am Projet steet, wat an der Tripartite och ofgemaacht gin as, nämlech d'Augmentatioun vun engem Frang. Och de Staatsrot huet a séngem Avis vum 24. November 1998 drop higewisen, dass déi Proposition vun der Regierung an déi Marge de manoeuvre nët konform wäert mam Artikel 99 vun eiser Verfassung, dee virsät, dass all Dépenses, déi de Budget grevéieren, müssen iwwer Gesetz festgeluegt gin. De Staatsrot huet also hei den Artikel 99 vun der Verfassung fond, deem en iwwerens bei der Fléageversécherung nët fond hat, well do hat en nämlech selwer a séngen Amendementé proposéiert, fir der Regierung eng Marge de manoeuvre iwwer Règlement grand-ducal ze gin, fir den Taux de cotisation festzeleën.

Aus der Diskussioun iwwer d'Finanzéierung as dann nach ze soen, dass an de Bestëmmunge vun deem Gesetz och eng Rei fiskal Ännerunge sin, zum Beispill déi vun engem Relèvement vum Abatement bei der kommunaler Gewerbesteier um Bénéfice d'exploitation vu ronn 33%, nämlech vun 900.000 op 1,2 Milliounen, an och d'Eraushuele vun de Salairé vun den Associés-gérants an de

Conjointé vun denen Associés-gérants bei der Imposabel fir de Calcul vum Bénéfice d'exploitation bei der kommunaler Gewerbesteier.

Déi zwou Moosname féieren - esou as et jiddefalls geschat gin - zu enger Moins-value vu Recetté vu ronn 850 Milliounen fir d'Gemengen. Ech wëll och hei nët méi op déi ganz Diskussioun agoen, déi während Wochen an der Spezialkommissioun, awer och dobaussen, zu där Moosnam a virun allem och zu där Nët-Diskussioun mat de Gemenge gefouert gin as. D'Spezialkommissioun huet nach eng Kéier bedauert, dass d'Regierung et nët direkt no den Tripartiteverhandlungen fir néideg fond huet, fir sech mat de Gemengen zesummenzesetzen, fir consensuellement zu enger konstruktiver a positiver Diskussioun iwwer déi Moosnam ze kommen.

Schlussendlech, no enger ganzer Rei vun Diskussionsenen, souwuel an der Spezialkommissioun wéi och an der Kommissioun vun de kommunalen Affären, huet sech insgesamt e Bild duergestallt vu Kompensatiounen oder zousätzliche Moyenné fir d'Gemengen, fir kënne Suen ze spueren an hire Politicken dobaussen, sief et duerch d'Augmentatioun vum Taux de remboursement op 85% beim Contrat d'auxiliaire temporaire, sief et duerch d'Participatioun vum Fonds pour l'emploi vu Bréissel bei de Pactes territoriaux pour l'emploi, sief et duerch d'Extension op de kommunale Secteur vun de finanziellen Avantage bei der Astellung vun handicapéierten Aarbechter oder Beamten, sief et och duerch d'Verzéie vun der Aféierung vun der Education précoce an der Garantie, dass 50% vun den Infrastrukture vum Stat hei gedroë gin, sief et och - an dat as an deem Projet definitiv festgehale gin - doduerch dass...

(Interruptions)

...d'Participatioun vun de Gemengen um Fonds pour l'emploi vun 2% nët ofgeschafft gët, mä op null erfesat gët, wat de Gemenge ronn 300 Milliounen zousätzlech Moyenné wäert gin, an dann och schlussendlech - an dofir wäert dann och nach haut a muer eng Motioun kommen, déi mer an der Spezialkommissioun ausgeschafft hun - duerch d'Ofschafe vun der Participatioun vun de Gemengen un der Caisse nationale des prestations familiales. All dat kënnt vum 1. Januar 2000 un.

Virun allem, géif ech mengen, as et wichteg, dass de Wëllen do as, souwuel beim SYVICOL als Porte-parole vun de Gemenge wéi och bei der Regierung, fir sech an Zukunft weinstens zweemol am Jor zesummenzesetzen an déi eenzel Politicken ze coordinéieren a gemeinsam unzegoen.

En drëtten groussen Punkt as dee vum Engagement vun zousätzlech Personal. An deem Projet gin iwwer de Numerus clausus 81 nei Plaze geschaffen an denen eenzelne Secteuren, virun allem an der Administration de l'Emploi, an der Gewerbeinspektioun, am Centre de psychologie et d'orientation scolaire, bei der Caisse nationale des prestations familiales, am Ministère vun der Famille, am Ministère de la Promotion féminine an esou wieder. D'Kommissioun huet sech d'accord erkläert mat den zousätzliche Personalaugmentatiounen, déi hei pro-

poséiert gi sin, well een nët kann eng ganz Rei nei Instrumenter schafen a sech nët och um personelle Plang d'Moyenë gin, fir dat an de Ministère och wierklech kënnen ëmsetzen.

Wichtig as nach vläicht fir drop hinweisen, dass d'Spezialkommissioun nët onglécklech driwwer wär, wann déi zousätzlech Engagementer innerhalb vun der Gewerbeinspektioun nët géifen dofir benotzt gin, fir nëmmen Theoretiker anzestellen, déi am Büro setzen, sech iwwer grouss Saache ënnerhalen a profund Analyse maachen, mä virun allem och fir Leit anzestellen, déi als Kontrolleren erausgin op den Terrain, fir d'Ëmsetze vun der Aféierung vum Plan d'organisation du travail kënnen ze kontrolléieren.

Schlussendlech huet de Staatsrot sech formell derzou opposéiert, dass eng Rei vun Nominatiounen kéinte mat Dispens vun Examen, vu Période de stage an och vun Examen de fin de stage stattfannen. D'Regierung war d'accord, fir hei nozegin, an huet klor gemaacht, dass fir all déi Nominatiounen déi Konditiounen mussen erfüllt sin, déi am Statut virgesi sin.

Dee leschten Deel vun de Bestëmmunge gesäit vir, wéi d'Mise en disposition an d'Mise en vigueur vun deem Gesetz solle stattfannen. Dee gréissten Deel vun de Moosnamen, och wa se nom 1. Januar 1999 gestëmmt gin, sollen den 1. Januar 1999 a Kraaft trieden. Dat gëlt virun allem fir all déi Elteren, déi nom 1. Januar an de Genoss vum Congé parental kommen. Déi eenzeg Ausname sin déi penal Sanktiounen, déi kee retroaktive Charakter kënnen hun an doduerch eréischt a Kraaft kënnen trieden, wann d'Gesetz definitiv en vigueur as.

Et as schlussendlech wichtig ervirzehiewen, dass d'Spezialkommissioun iwwer Amendementen dofir gesuert huet, dass eng ganz Rei vun Dispositiounen, zum Beispill de Congé parental, d'Aféierung vun der Referenzperiod vu 4 Wochen, d'Aféierung vum Plan d'organisation, d'Referenzperiod beim temps partiel, de Passage op den Temps partiel an och - wéi ech gesot hun - d'Durée vum Congé parental, zäitlech limitéiert sin op den 31. Juli 2003.

Am Klortext heescht dat, datt am Laf vun där nächster Legislaturperiod légiféiert muss gin, fir eng Weiderféierung vun denen doten Dispositiounen ze garantéieren. Dat garantéiert eis och, dass am Laf vum Jor 2002 d'Sozialpartner e Bilan, eng Evaluatioun iwwer d'Inzidenz vun all dene Moosname musse maachen an dann de Législateur op d'Propositiounen hi vun der Regierung bis den 31. Juli 2002 légiféiert muss hun, fir entweder eng Prolongatioun comme telle vun dene Moosnamen ze decidéieren, fir se ze änneren, ze verbessern oder ze reforméieren, oder se gänzlich ofzeschaffen, wann et sech erweisen huet, dass se keen Effet bénéfique op d'Aarbechtsmaatsituatioun haten.

Dat as, léif Kolleginnen a Kollegen, e schnellen Iwwerschlag vun dene wichtigsten Dispositiounen an och vun de Premissen, quant au fond et à la forme, wéi de Gesetzesprojet iwwer d'Ëmsetzung vum Plan d'action national se virgesäit. Ech hu mech geschter Owend améséiert,

fir bei de Konklusiounen eng Rei vun Iwwerschrëften aus den Zeitunge vun dene leschte Wochen erauszepicken, déi kommentéiert hun, wat mer an dene leschte Wochen an der legislativer Aarbecht hei gemaacht hun: "Wechselbad der Gefühle; Alles noch mal von vorne; Panik um Tripartite; Ein Werk für die Galerie; Eine unendliche Geschichte; Ausser Spesen nichts gewesen; Vernichtend; Auf der Kippe; Viel Lärm um nichts; Der Glanz ist futsch", an esou weider.

Et huet ee gemengt, et wär een an engem Tollhaus, wann een héieren huet, mat wat fir enge Kommentaren dat kommentéiert gin as, dat a sech näischt anescht as wéi déi normal parlamentaresch Prozedur: dass d'Regierung no Verhandlungen an der Tripartite e Projet deponéiert; dass d'Parlament, dat d'Gesetzer hei zu Lëtzebuerg mécht a keen aneren, sech deem unhëlt a konstruktiv a seriö während 13 Sitzungen dorunner schafft; dass dat kommentéiert gët dobaussen, esou wéi et an enger Demokratie normal as, an dass Positiounen a Géigepositioenen, Kommentaren a Géiekommentaren ervirgehewe gin.

Am Numm vun de Kollege vun der Spezialkommissioun wëll ech mech och verwieren, enersgesch verwiere géint dat, wat een an dene leschte Wochen an Deg ëmmer erëm héieren huet, an zwar dass dat hei esou laang géif daueren. Dese Projet as am August 1998 deponéiert gin, e gët Ufank Februar gestëmmt, dat heescht dass mer ganz genau 5 Méint un iwwer 160 Artikelen an un der Reformatioun vu 26 Gesetzer geschafft hun.

Wann ech dat géif vergläichen - mä dat wëll ech nët maachen - mat anere Gesetzer, déi hei säit Joren deponéiert sin a wou säit Joren dru gedoktert gët, da kann ech nëmme feststellen, dass d'Parlament zesumme mat der Regierung ganz schnell an effikass geschafft huet, an - erlaabt mer, och dat ze soen - wann ech dee ganze Prozess vum europäesche Sommet iwwer d'Tripartite, iwwer den Dépôt vum Gesetz bis zur Diskussioun haut a muer rekapituléieren, da stellen ech fest, dass aner Länner nëmmen dovun dreme kënnen, wéi mir et fäerdegbruecht hun, zesummen ze négociéieren an ënner der Responsabilitéit vun alle Partner haut schon e Gesetz ze stëmmen. Déi Däitsch sin amgaange sech erunzeschnupperen un d'"Bündnis für Arbeit". Si sin nach ganz wäit dovun ewech, och nëmmen dovunner dremen ze kënnen, dass se kéinten e Gesetzesprojet virleën, deen d'Resultater vun esou Négociatiounen ëmsetzt.

(Interruption)

D'Chamber huet no dene villen Diskussiounen, déi mer an der Vergaangenheet haten, well oft kritiséiert gin as, virun allem vun der Oppositioun - an dat nët zu Onrecht -, dass d'Tripartiteaccoren an hir Gesetzer hei comme une lettre à la poste duergaange sin, fir d'éischte Kéier versicht, fir sech selwer an den Débat ze involvéieren, an dat nët géint d'Regierung, mä zesumme mat der Regierung als e Partner, deen zu jidder Zäit bereet war, nët hei mam décken Eisen derduerchzegoen, mä ze lauschteren, wat d'Parlament an déi gewielte Volleksvertreter dozou ze soen hätten.

Mir sollten also vun haut un och an Zukunft derfir suergen, dass d'Tripartiteaccorde wichteg sin, well et as fir eist Land och elementar, dass d'Sozialpartner capabel sin, fir sech zesummesetzen an hir Verantwortung ze iwwerhuelen, mä mir sollte grad esou acceptéieren a respektéieren, dass d'Parlament hei séng Aarbecht gemaacht huet. Mir gin oft dobausse kritiséiert, dass mir an dene leschte Wochen heiandsdo kritiséiert gin, well mer eis e bësschen Zäit geholl hun, fir eis Aufgab seriö ze maachen. Et muss ee sech froen, wat dann elo dee richteg Mëttelwee as, fir dass jidfereen, virun allem och d'Kommentatoren, d'accord si mat deem, wat dës Institution mécht.

Dëst war also an dene leschte Wochen a Méint an den Aë vun dene meeschte Membere vun der Spezialkommission e gutt Stéck demokrateschen Débat, dee mer gemaacht hun - an ech géif mengen, dat vläicht éischter a méngem perséinlechen Numm -, dass mer an denen nächste Méint a Joren och zu enger Klarifikatioun vum Rôle vun der Institution Staatsrot musse kommen, well een hei, wéi bei anere Projeten, net ëmmer konnt genau erausliesen, wat dann déi juristesche, konstitutionell oder aner Bedenke wäeren, déi de Staatsrot zu eenzelne vun de Bestëmmunge vun deem Gesetz gemaacht huet. Heiansdo waren et einfach Opportunitéitsgrënn politescher Natur, fir zum Beispill beim Temps partiel éischter ze plädéieren fir 50% Flexibilisierung anstatt 20%, an dofir as et och hei noutwendeg, dass, wann de Conseil d'Etat d'Roll vun enger zweeter Châmber wëllt iwwerhuelen, dann och d'Regele vun enger Châmber, wat d'Nominatioun a wat den demokrateschen Débat dobaussen ugeet, musse gëllen.

Ech hu scho gesot: de Bilan vun deem gréissten Deel vun de gesetzleche Bestëmmungen, déi mer haut a muer diskutéieren a wäerte verabschieden, wäerten am Jor 2002 op de Métier geluegt gin, fir se ze analyséieren an ze bilanzéieren, an et gët dann nëmmen eng Miesslat, déi muss gëlle fir d'Prolongatioun oder d'Nëtoprolongatioun. Dat as déi, wat fir eng positiv Inzidenz haten déi Moosnamen um Aarbechtsmaart? Weivill jonk, eler an aner Chômeuren hun dës Moosname fäerdegbruecht, an den Aarbechtsmaart ze integréieren an ze hëllefen, e bessert Liewen a soziale Wuelstand dobausse kënnen ze erliewen? All Acteuren dobaussen, öffentlecher a privater, gin duerch dëst Gesetz an duerch dësen Accord net an ee Boot gesat, mä an eng Verantwortung.

Et as ze hoffen, dass se se iwwerhuelen. An deem Espirit géif ech d'Châmber bidden, dëse Projet konstruktiv ze diskutéieren a wa méiglech och hiirt Jo-Wuert dozou ze gin.

Merci.

M. le Président. - Als éischten Diskussiounsriedner as den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Wann de Co-rapporteur Lucien Lux, deen haut praktesch hei wéi e Rapporteur sai mëndleche Rapport gemaacht huet, an enger gudder Stonn et fäerdegbruecht huet fënnf Méint Aarbecht hei exhaustiv ze resuméieren, esou as e sécherlech ze félicitéieren fir dee gudden mëndleche Rapport. Dat selwecht gëlt och fir dee schréftleche Rapport, deen den Här Lux jo zesumme mam Marcel Glesener gemaacht huet. Si hun eng gutt Aarbecht gemaacht mat där ganzer Kommission an ech géif mengen, déi ganz Spezialkommission wir ze félicitéieren fir dee Pragmatismus, dee se un den Dag geluegt huet, fir dee Projet hei esou schnell ze finaliséieren.

Well de Rapporteur Marcel Glesener jo duerch e Stierffall leider haut hei verhënnert as, as et mir gegënt kurzfristeg als Spriecher vun der CSV zu dësem Gesetz-projet Stellung ze huelen.

Ech wollt fir d'éischt eng Rei vu méi generelle Considérations, besonnesch wat de Werdegank vun deem jetzege Gesetz ubelaangt, ugoen.

Dir wësst alleguer, dass à l'origine vun deem Gesetz den europäesche Sommet vu Lëtzebuerg steet, wou ënnert Lëtzebuerger Présidence, ënnert der Féierung vum Jean-Claude Juncker, eng Strategie fir méi Beschäftigung an Europa festgeluegt gin as, mat der Obligatioun fir all Memberstat, Lignes directrices, déi um Sommet arrétiert goufen, an engem nationale Beschäftigungsplang ënzesetzen. Fir dës Oplag ze erfüllen hu mer hei zu Lëtzebuerg op e bewäert Instrument zrëckgegraff, dat zënter sénger Grënnung am Jor 1977 schon oft zesumme-komm as, fir iwwer wichteg sozial a wirtschaftlech Problemer ze befannen.

Ech wëll elo schon hei ganz klor an däitlech soen, de Modell Lëtzebuerg huet sech och dës Kéier alt erëm bewäert.

An 12 Aarbechtssätzungen hu Gewerkschaften, Patronat a Regierung sech kënnen op den Inhalt vum nationale Beschäftigungsplang enegen, deen esouwuel de Rechter vun de schaffende Leit wéi och de Revendikatiounen vum Patronat Rechnung dréit.

Et war an et as och nach haut e fragile Kompromëss, deen am Verlaf vun den Diskussiounen fond gin as. Ech wëll vun dëser Plaz déi dräi Tripartite-Partner zum Resultat beglückwünschen, besonnesch awer d'Gewerkschaften an d'Patronat, déi allenzwee Waasser an hire Wäi geschott hun, fir de PAN op d'Schinnen ze setzen.

Awer och d'Châmber huet hei deem Projet eng maassgeblech Roll gespillt. De Gesetzgeber huet an der Vergaangenheet oft virgehäit kritt, datt hien am Kader vun Tripartite-Accorden nëmmen eng ënnergëuerdnet Roll gespillt hätt. Oft as d'Châmber an deem Zesummenhank als Caisse enregistreuse dohinner gestallt gin, déi Dispositionen aus den Tripartite-Accorden tel quel ümgesat huet. Dat as awer net méi de Fall zënter dëser Legislaturperiod.

Ech wëllt drun erënneren, dass dem Tripartite-Gesetz vun 1995 eng Aktualitéitsdebatt virausgaangen as, déi während den Tripartite-Verhandlungen stattfond huet, an där Konklusiounen an d'Tripartite matagefloss sin.

Bei där heiteger Gesetzesvirlag war de Rôle vun der Châmber nach méi maassgebend. Hei an deem Haus huet virum Sommet vu Lëtzebuerg eng Orientéierungsdebatt stattfond, déi besonnesch an der Fro vun der Aarbechtszäitorganisatioun eng Rei vu wichtege Akzenter gesat huet, déi herno an den Tripartite-Diskussiounen matbehandelt goufen. Mä och bei de parlamentareschen Aarbechten huet d'Kommissioun kräfteg matgemëscht.

Zum Rôle vun der Châmber no der Fäerdegstellung vum PAN as folgendes ze soen:

D'Avië vun de Berufschâmberen an dem Staatsrot sin am Fong an der Spezialkommissioun diskutéiert gin. D'Spezialkommissioun huet et fir néideg fond eng Rei vun Amendementer ze presentéieren, wéi de Rapporteur se elo schon hei virgedroen huet, fir dësen Avië Rechnung ze droen, awer och fir verschidden Onklorheiten aus der Gesetzesvirlag crauszehuelen. D'Spezialkommissioun huet hei hir normal parlamentaresch Aarbecht gemaacht an et wär nët gutt gewiescht, wa se sech hirer Verantwortung entzun hätt.

D'Kommissioun huet awer ni den Tripartite-Accord op eng fundamental Manéier a Fro gestallt, quitte dass se verschidden Nobesserunge gemaacht huet.

D'Resultat vun den Aarbechte vun der Spezialkommissioun gët dann och nët vun de Sozialpartner a Fro gestallt, wat bedeit, dass dës Projet de fundamentalen Orientatiounen vum Tripartite-Ofkommes gerecht gët.

Mir stellen also fest, dass d'Châmber par rapport zu vergaangene Legislaturperioden eng méi aktiv Roll bei engem Tripartite-Gesetz gespillt huet.

Ech wëll awer hei och ganz klor soen, dass d'Châmber nët dierf fundamental Optiounen vun engem Tripartite-Accord a Fro stellen, fir nët de Lëtzebuerger Modell, dee sech bis elo nach ëmmer bewäert huet, ze gefäerden.

Et as awer fir mech grad esou klor, datt d'Châmber am Virfeld vun enger Tripartite och zukünfteg iwwer de Wee vun enger Aktualitéitsdebatt oder enger Orientéierungsdebatt hir Iddiën expriméiere soll, fir esou op eng utile Manéier Impulser fir d'Diskussiounen an der Tripartite ze gin.

Ech wäerd och an deem Kontext zum Schluss vu ménger Interventioun eng Motioun areechen.

Ech wëll méng Interventioun op e puer wichtege Aspekter beschränken an och eng politesch Appréciatioun maachen. D'Kollege Lucien Clement a Ferny Nicklaus-Faber wäerte verschidden aner Aspekter belichten.

Ee vun dene wichtege Aspekter an deem Gesetz as d'Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit. Hei gët eng nei Approche festgeluegt andeem mer e POT - Plan d'organisation de travail - kreéieren, deem iwwer véier Woche

festgeluegt gët. De Grondgedanken as jo deen, dass d'Aarbechtskonditiounen mussen humaniséiert an optimiséiert gi fir Arbeitnehmer an Arbeitgeber.

D'Organisatioun muss esou geschéien, dass d'Spagat, op där enger Säit Aarbechtsplazen ze schafen an op där anerer Säit ze vermeiden dass Aarbechtsplaze verschwannen, méiglech as. Dëst soll am Geescht geschéien, dass längerfristeg eng graduell Aarbechtszäitverkierzung ugepeilt gët.

Mir brauche ganz klor eng koordinéiert Organisatioun vun der Aarbecht am Kontext vun der Privatsphär vum Einzelnen. A Privatsphär vum Einzelne steet hei fir mech ganz klor fir d'Organisatioun vum familiären Zesummeliewen. Dëst muss klappen, fir performant ze-fridde Mënschen ze kréien am Aarbechtsprozess.

Ech wëll nach eng Kéier kuurz op den Débat d'orientation vum Novembër 1997 zrëckkucken, dee jo den Aménagement du temps de travail festgeluegt huet an deem Sënn, dass op där enger Säit d'Patronat soll méi konkurrenzfähig gemaacht gin duerch eng Flexibiliséierung, fir domat besser kënnen op d'Nofro ze äntweren, an op där anerer Säit dem Arbeitnehmer d'Notioun vun der Aarbechtszäitverkierzung muss nobruecht gin.

Aarbechtszäitverkierzung soll jo an Zukunft am Kollektivvertrag diskutéiert gin, dat awer mat enger Obligation de moyen an nët mat enger Obligation de résultat.

Am Kader vun der Aarbechtszäitverkierzung as et och ganz klor, dass de Stat sech finanziell bedeelegt wa Chômeuren agefallt gin an esou engem Kontext.

D'Flexibilitéit, wéi mer se dann hun, funktionnéiert no zwou Achsen, an dat ganz klor nom Prinzip, deem de Co-rapporteur Lucien Lux virdrun évoquéiert huet, vun der gedeelter Verantwortung. Op där enger Säit hu mer d'Patronat, dat - doduerch dass e POT kreéiert gin as, dee sech nët un de Fluctuations prévisibles et imprévisibles miesst, mä deen einfach esou iwwer véier Woche ka festgeluegt gin -, duerch dës Ouvertür vun der Kommissioun d'Méiglechkeet kritt huet, hei ouni Oplagen e Kader ze fixéieren.

Et as awer och wichtege, dass een hei nach eng Kéier seet, wann Iwwerstonne gemaacht gin, dass déi nëmme kënnen geschéien nom Prinzip vum Imprévu a vum Imprévisible. Ech wëll dat kuurz un engem Beispill beleën, dat de Lucien Clement, dee jo Metzler as, esou virleet - an ech fannen déi Aart a Weis fir dat ze erkläre ganz flott -:

Wa moies am Metzleschbetrib de Camion, deem d'Schwäi soll bréngen, do steet, dann as d'Saach gutt. Wann en elo nët do steet, da kann nët geschafft gin. Da muss vläicht méi laang deen Dag geschafft gin, well de Camion méi spéit komm as. Dat wir an deem Fall dann imprévisible, well ee jo nët wousst, dass de Camion géif méi spéit kommen.

Imprévu wär fir mech wann de Patron vergiess hätt e Camion ze bestellen. Am Kader vum Imprévu as et klor, dass et eng Iwwerstonn géif gin an am Kader vum Imprévisible as et ganz klor, dass de Patron nët dofir kann

an dass et dann eben an den normale Kontext ka falen, dass zum Beispill dann déi Woch anstatt néng Stonnen zéng Stonne geschafft géife gin an da géifen eng aner Woch anstatt aacht Stonne siwe Stonne geschafft gin.

Et as ganz klor, dass d'Iwwerstonn am POT 1 zu 1 verrechent gët an dass se soss 1 zu 1,5 verrechent gët. Dat heescht, et kritt ee 50% bäi.

Et as och ganz wichteg hei ervirzehiewen, dass neierdéngs dës Iwwerstonne kënnen duerch Fräizäit kompenséiert gin.

De POT ka bis maximal ee Jor ausgeweit gin, mä dat muss awer iwwer Kollektivvertrag geschéien.

Déi zweet Achs an der Approche Flexibilitéit as déi vum Arbeitnehmer. Do hun d'Kommissioun an d'Tripartite Barriären agebaut, fir e wëllen Oflaf ze vermeiden, fir ebe viru Willkür ze schützen. Dofir gouf jo de POT generell limitéiert an d'Flexibilitéit gouf och limitéiert, sou dass et esou as, dass wann de POT eemol fixéiert as, da bleift en esou an dat as dann eng Garantie, dass hei alles normal ofleeft.

Wann zum Beispill 160 Stonne geschafft gin an engem Mount oder a véier Wochen, da wieren dat eng Woch néng Stonnen, déi zweet Woch siwe Stonnen, déi drëtt Woch aacht an déi véiert och aacht Stonnen. Da kann et nët sin, dass déi eng Woch op eng Kéier géifen zéng Stonne geschafft gin amplaz vun néng. An där Woch vu siwe géifen der nëmme sechs geschafft an déi vun aacht Stonne wieren ëmmer aacht an aacht. Dat geet nët. Et sin nëmme punktuell Upassunge méiglech. Iwwerstonneproblematik kann nëmmen op den Dag bezu sin. Kompensatiounen kënnen nët iwwer Woche gemaacht gin. Dat as nët méiglech.

Dat as déi éischt Barriär, déi opgebaut gin as.

Déi zweet Barriär, déi opgebaut gin as, as déi, fir wann d'Personal oder d'Delegatioun véiermol hannerteneen Nec soen zu verschiddene POTën déi vum Patronat festgeluegt gin. Do entsteht jo dann e Litige an dee Litige gët da virun den Direkter vun der Inspection du Travail et des Mines bruecht an do gët dann en Arbitrage gemaacht. Wann deen nët zustane kënn, da kënn e Litige collectif an da kréie mer eng Conciliatioun.

Dat hei as och ganz wichteg fir Betriber mat Gewerkschaften, well hei kréie mer jo dann och op der Place publique en Débat. Mir kréien eng publizistesche Approche, déi gutt as an deem Sënn, dass hei Moderatioun gëlt, well et as ni gutt fir de Patron, wann op der Place publique esou eng Reklam géif gemaacht gin, dass Problemer do wire mam Personal.

Eng aner Barriär, déi opgebaut gin as, as déi vum Artikel 37 vum Gesetz vum 1989 iwwer de Contrat de travail, wou de Salarié sech ka wieren am Fall wou säin Aarbechtskontrakt eventuell ofgeännert gët. Sou kann zum Beispill en Aarbechtskontrakt, deen aacht Stonnen den Dag as, nët einfach vum Patron op zéng Stonnen a sechs Stonnen ofwiesselnd ofgeännert gin. Do huet den eenzelnen Arbeitnehmer d'Méiglechkeet ze refuséieren an hei

muss de Patron e valable Motif hun, wann en deem Refus wëllt mat engem Licenciement begéinen. Also as dat hei eng ganz klor Moosnam géint e Licenciement abusif, deem duerch den Artikel 37 ka begéint gin.

Eng aner Neierung, déi een och onbedéngt muss hei ervirhiewen, as déi vum Gesetz iwwer den Temps partiel. Do ware bis elo 50% am Gesetz festgeluegt. Och hei huet d'Kommissioun amendéiert a mir sin elo op 20% gaangen, déi ee méi ka schaffe wéi am normalen Aarbechtsverhältnis.

D'Konklusioun zum Volet Flexibilitéit as fir mech, dass mer hei en ausgewogenen Text hun, deen dem Patronat an dem Arbeitnehmer ganz klor déi néideg Flexibilitéit gët. Ech sin der Meinung, dass et e gudde Kompromëss as, a wa mer am Jor 2003 Bilan maachen, an alles esou geet, wéi mir eis dat virstellen, dass mer warscheinlech Neel mat Käpp gemaacht hun.

Een aneren Aspekt, deen ech nach wollt usprechen, as dee vun de Mesures positives. Déi meescht lafen iwwer d'ADEM, d'Administration de l'Emploi. Et as dofir och festgehalen gin, dass d'ADEM opgestockt gët, fir deen néidege Suivi kënnen ze maache vun der Politique active de l'emploi, wat ech eng ganz positiv Moosnam fannen, déi nei Méiglechkeet gët.

D'Hauptphilosophie vun dëser Politique active de l'emploi as d'Employabilité. Dat heescht, d'Länner müssen déi Mesuren esou huelen, dass d'Leit méi schnell op den Aarbechtsmaart kënnen kommen, wa se vun de Mesures d'insertion et de réinsertion profitéieren.

Et sin do Lignes directrices festgehalen gin, déi déi eenzel Objektiv festleën. Et kann ee ganz klor soen, hei huet Lëtzebuerg ëmmer eng Schëpp drop geluegt. Ech gin e puer Beispiller: Fir e Jonken, deen am Chômage as, mussen laut Direktiv an engem Délai vu sechs Méint Mesure geholl gin, fir deen nees an de Réemploi ze kréien. Lëtzebuerg huet eng Limite vun dräi Méint festgehalen. Dat selwecht bei Erwuessener, déi am Chômage sin. Do stin an der Direktiv 12 Méint, Lëtzebuerg huet sechs Méint festgeschriwwen.

Een aneren Aspekt as deen, dass 20% vun de Leit, déi am Chômage sin, mussen vun der Mesure de formation profitéieren. Do huet Lëtzebuerg d'Lat nees méi héich geluegt, a 25% festgehalen.

Och den Délai fir d'Objectifs qualifiés ëmzesetzen, huet Lëtzebuerg op 18 Méint festgeluegt, wat een Délai as, dee méi déif as wéi deen an der Direktiv.

Lëtzebuerg as ganz klor iwwer d'Lignes directrices erausgaangen. An et as och klor, dass de Stat e groussen Deel vun der Indemnitéit bäileet, déi den Arbeitgeber muss virstrecken, wann en dës Moosnamen ëmsetzt.

Wat as Konkretes geschitt?

Bei dene Jonke sin déi bestehend Moosnamen esou ofgeännert gin, dass se méi Effikassitéit an Transparenz bréngen. Esou as zum Beispill de Contrat de stage d'initiation an d'Division auxiliaire temporaire, den CSI an

den DAT, zesummegeeschmolz gin an de Contrat d'auxiliaire, de CAT.

Eng aner Moosnam, déi ofgeännert gin as: den aktuelle Stage de préparation d'entreprise an e Stage d'insertion, wat méi Transparenz a méi Effikassitéit bréngt.

Eng nei Mesür as ageféiert gi fir Chômeurs de longue durée: de Stage de réinsertion professionnelle.

Et fällt op, dass den Hauptpunkt vun all de Mesüren, déi hei geholl gi sin, deen as, dass déi Persoun, déi betraff as, eng Formatioun kritt an doduerch d'Méiglechkeet huet vun enger besserer Reintegratioun an den Aarbechtsmaart.

Een anere wichtege Aspekt, deen een och nüt soll vergiessen, as deen, dass hei e sur mesure praktizéiert gët. Esou gët fir deen Eenzelnen, e Parcours d'insertion individuelle gemaacht, deen d'Betreiung vum eenzelne Chômeur festleet. D'ADEM mécht mat engem professionnelle Partner eng Associatioun, fir e Bilan de compétence opstellen, fir esou de Chômeur kënnen optimal ze begleden. As de Chômeur nüt d'accord, dee Bilan de compétence ze maachen, as et ganz klor, dass en duerch säi Refus kee Chômage méi kritt. Dat selwecht gëtt bei all anere Refusen. Wa kee valabelt Motiv do as, da gët de Chômage entzun, wat a méngen Aen normal as, well eng gedeelte Responsabilitéit hei muss spillen.

Wat ech och begrëissen, dat as, dass am Kader vun den handicapéierte Leit d'Gesetz op den Handicap psychique an den Handicap psycho-social ausgedeeent gin as.

Een aneren Aspekt, deen ech och nach wollt kuurz uschwätzen as dee vum Elterenurlaub an de Congé pour raisons familiales. An der Kommissioun vun der Famill war eng Diskussioun opkomm, ob dës Gesetzter sollten als separat Gesetzter verabschied gin, oder ob se sollten am Kader vun dësem Projet diskutéiert gin. Dat war beim Projet vun dem Etablissement public vun der Fléageversicherung, respektiv der Erhéijung vum Kannergeld. Haut sin ech ganz klor der Meinung, wann een dat global kuckt, dass et richtig war, dës zwee Projeten an dësem Gesetz ze loossen, well d'Aarbechtsrecht eng fundamental Neierung erfiert duerch den Elterenurlaub. Mir kréien eppes, wat mer bis elo nach ni am Aarbechtsrecht haten, an zwar eng Garantie de réemploi.

Dat zweet as de Congé pour raisons familiales, dee schon a Kollektivvertrág festgehalen as, an heiansdo méi wäit geet wéi dat, wat mer elo an d'Gesetz schreiwen, wou awer de Kollektivvertrag ëmmer spillt, wann dee méi wäit geet. Eppes, wat mer nach nüt haten, dat as, dass bei schlimme Krankhete mer no uewen opmaachen. Mir begin eis do op Neiland, well et weess een nüt, wat d'Realitéit bréngt, inwiefern mer mussen den Elteren, déi krank Kanner hun, entgéintgoen. Et as sécher, dass d'Regierung, d'Chamber an d'Majoritéit, och d'CSV, eng klor Ouvertür maachen op d'Aarbechtswelt.

Ech widderhuelen dat, wat ech haut virun enger Woch gesot hun. Et as gemengt gin, d'CSV wär reaktionär, well se nach op dee klassesche Modell setzt. Mir setze wuel op

dee klassesche Modell, awer mat dësem neie Congé pour raisons familiales a Congé parental bewiese mer ganz klor, dass mer och op dëse Modell setzen, well fir d'CSV as de libre choix eng Méiglechkeet, fir eng beschtméiglech Erzéiung ze garantéieren, déi d'Relatioun Kand-Eltere positiv beaflosst. Dës zwee Instrumenter: de Congé parental an de Congé pour raisons familiales, déi entspreche ganz klor dëser Logik.

Ech wëll kuurz op de Congé parental an op de Congé pour raisons familiales agoen. De Congé parental as, a méngen Aen, eng ganz modern a progressiv Mesür, déi enger gesellschaftlecher Entwécklung Rechnung dréit a se positiv begleet. Dofir sin och d'Ziler vun dësem Elterenurlaub nüt nëmmen eleng beschäfftegespolitesch; si sin och familjepolitesch a fraëfrëndlech.

Fir d'eischt d'Approche als beschäfftegespolitesch Moosnam. Dës Moosnam entsprécht dem Prinzip vum Sommet vu Lëtzebuerg, wou et drëm gaangen as, dass deen Eenzelne muss d'Méiglechkeet kréien, sech Expérience um Aarbechtsmaart ze sammelen. Duerch de Congé de maternité vu véier oder fënnef Méint, plus sechs Méint Congé parental kréie mer 10 bis 11 Méint, wou eng Persoun kann agestellt gin.

Op deem Punkt si mir zu Lëtzebuerg och iwwer déi europäesch Direktiv erausgaangen, déi nëmmen e Minimum vun dräi Méint virgeschloen hat. Wann och vill Plazen an dësem Kontext nüt kënnen besat gin, well nüt genuch Leit do sin, der nüt genuch ageschriwwen sin, oder well nüt dee richtige Profil do as, kënnen dach awer iwwer dëse Wee ganz vill Aarbechtsloser Expérience sammeln. Esou entsprechen dës Moosnamen engem globale Package, dee ganz klor der europäescher Direktiv gerecht gët.

Et as och aarbechtspolitesch ganz wichteg, well de Mann oder d'Fra, déi de Congé parental hëlt, eng Garantie de réemploi huet, an nüt einfach eng Priorité de réemploi, déi vill manner Garantie bitt. Dofir as dës Moosnam eng ganz klor Verbesserung fir deen Eenzelnen. Wann een e Congé sans solde hëlt, huet een nëmmen eng Priorité de réemploi. Och d'Direktiv hält jhust eng Priorité de réemploi fest.

Eng Fro as u mech cragedroë gin an zwar, wann een an der Fonction publique schafft, an et huet een e Congé de maternité, da kann een nach e Congé sans solde huele vun zwee Jor, respektiv e Congé à mi-tâche vu sechs Jor. As dat nach wouer, am Kader vum Congé parental? Wann een deen hëlt, kann een dann nach e garantéierte Congé sans solde oder e Congé à mi-tâche kréien? Dat as eng Fro, déi ech un den zoustännege Minister wëll stellen, well aus de Gesetzestexter geet nüt klor ervir, ob dës gesetzlecht Recht verankert as oder nüt.

De Congé parental as niewent sénger beschäfftegespolitescher Moosnam och eng familjepolitesch Moosnam, well en eng Conciliatioun tëschent Berufslewen a Kannererzéiung mécht. E Mann oder eng Fra, déi wëllt weiderschaffen, kritt hei d'Geleënheet, fir sech ëm hiirt Kand ze këmmen an enger ganz wichtege Phas vun der Erzéiung vum Kand, ouni brauche fir hiren Job ze fäer-

ten. An den éischte fënnef Jor vun der Gebuert kënnen d'Elteren zesumme sech e ganz Jor komplett der Educatioun vun hirem Kand widmen, a beim Temps partiel gët dës Period mol zwee multiplizéiert.

Et as ganz wichteg dës Moosnam aus dësem Bléckwénkel ze kucken, well et gewosst as, och aus medezineschen an edukative Gesiichtspunkten, dass dat éischt Jor d'Kand onbedingt muss am Schutz vu senger Elteren opwuessen. Dat selwecht zielt ëmsou méi fir een Alleinerzieher, dee schaffe geet, an deem heider d'Méiglechkeet kritt, fir sech während sechs, respektiv zweielef Méint ëm säi Kand ze këmmere, an duerno eng Garantie de réemploi huet, an esou eng Initiativ kann huelen, déi net vu glécklechen oder onglécklechen Emstänn ofhänkt.

Et as och eng fraëfrëndlech Moosnam um Niveau vun der Aarbecht, wann een dat an der Optik kuckt, dass mer hei versichen eng Politik ze maache vun der Egalité des chances. Haut as et jo esou, dass an der Majoritéit vun de Fäll d'Fraen d'Erzéiung vun de Kanner an d'Hand huelen. Eng Fra, déi erëm wëllt oder muss schaffe goen, kritt hei eng Garantie an eng Indemnitéit während sechs Méint. A well eis Partei fir de libre choix as, as et klor, dass d'Allocation d'éducation weider eng Utilitéit an eng Nécessitéit huet. A wann een diskutéiert, ob et nach soll eng Allocation d'éducation gin, muss ee grad esou diskutéieren, wat d'Attributioun vum Congé parental ugeet, ob dës Indemnitéit nach ubruecht as. Et as ganz klor, dass hei de Status quo muss bleiwen, an dass d'Limitatioun vum Salaire social minimum am Kader vun der Erzéiungszoulag mussen an nächster Zait emol iwwerduecht gin.

Um Niveau vun der Erzéiung huet dës Moosnam och nach e männerfrëndlechen Aspekt an deem Sënn, dass se um Niveau vun der Erzéiung eng Gläichberechtigung bréngt, well de Mann kritt d'Méiglechkeet, fir sech ëm seng Kanner ze këmmere. Dat muss een onbedingt ervirhiewen. Et as a méngen A klor, dass hei e Mentalitéitswandel muss kommen, bis mer dat esou kënnen realiséieren, wéi d'Politik sech dat virstellt.

Een aneren Aspekt, deem ech nach kurz wollt uschwätzen, as dee vun der Héicht vun der Indemnitéit. Hei gët gesot, 60.000 Frang, dat war ze héich. Mir mussen awer wësse wat mer wëllen. Entweder profitéieren d'Leit vun dëser Moosnam, fir d'Ziler vun dëser Mesür ze erreechen, oder et wëllt kee se, well se sech finanziell net lount. Do gët et ganz oft Leit, déi fannen, dass vill Elteren hei méi Suë kréien, wéi se op hirer Aarbecht verdéngen. Ech fannen esou eng Ausso net ganz glécklech an och keng gutt Argumentatioun, well mer hei ganz klor eng Ausgrenzung maachen, an dat besonnesch op eis auslännesch Mataarbechter. Dofir soll een hei d'Solidaritéit spille loossen. Et soll een net egoisteschen arrogant soen, dat wir eng Moosnam, déi géif deen ee par rapport zum anere favoriséieren. Mir droen alleguer zum Produit national brut bii, an ech fannen dofir déi Diskussioun op deem Niveau net gutt. Ech fannen, se huet souguer e rassisteschen Touch.

Wat déi 60.000 Frang ubelaangt, solle mer am Jor 2003 Bilanz maachen a kucken, wat derbäi erauskomm as.

Eng aner negativ Connotatioun, déi an dësem Kontext ganz oft an de Raum gesat gët, dat as déi vun der Schwaarzaarbecht. Et gët gemengt, dass doduerch d'Schwaarzaarbecht géif an d'Luucht goen. Deem Prinzip ka ganz licht begéint gin, andeem ee streng Kontrolle mécht vun der ITM. Wann déi duerchgefëiert gin, da sin d'Abuë ganz limitéiert. Et soll een de System net a Fro stellen duerch esou eng Argumentatioun, well all System huet seng Abuën.

Ech géif soen, dass dës Mesür gutt as. Et muss ee kucken, wéi se an der Praxis gräift. Op Grond vun der Evaluatioun vum 31. Juli 2003 mussen déi néideg Konklusiounen gezu gin.

Och nach e puer Wieder zum Congé pour raisons familiales. Ech wëll net op den detailléierte Contenu agoen, mä nëmme rappeléieren, dass et zwee Deg pro Kand, pro Jor, pro Salarié as. Mir kréien eng duebel Approche, dat heescht vum Mann a vun der Fra.

Zwou generell Remarquen: Dës Moosnam as a méngen Aen eng human an eng familjepolitesch noutwendeg Moosnam. Eng familjepolitesch Moosnam, well justement d'Elteren net méi forcéiert gin, sech selwer krank ze mellen, fir sech kënnen ëm hiirt krankt Kand ze këmmere. An eng human Moosnam, well am Fall vun exceptionell grave Krankheten an Defizienzen dës Congé ka verlängert gin. Mir hun ëmmer méi kriibskrank Kanner, an dofir fannen ech dës Moosnam ganz gutt, a mengen, d'Verständnis fir dës Mesür misst beim Patron selbstverständlech sin.

Ech wëll nach eng Kéier ervirhiewen, wat den Här Lux gesot huet, dass am Projet 4142, dee vun der Fraëministesch Marie-Josée Jacobs déposéiert gi war, nach d'Halschent vun dësem Congé als normale Congé gegolt huet, wat elo net méi de Fall as.

Ech wëll méng Interventiounen schléissen, andeem ech net nëmme den Accord bréngen vu ménger Fraktioun, mä ech wëll awer nach eng Kéier ervirhiewen, dass déi Aart a Weis fir virzegoen an ze legiferéieren, en Unikum as. 26 Gesetzer gin hei ëmgeännert.

Et huet sécherlech vill Courage a vill gudden Wille vun der Regierung, vum Patronat, vum Syndikat, vum Gesetzgeber a vun den eenzelnen Acteuren, déi soss mat dru bedeelegt waren, verlaangt, fir dës aussergewöhnlecher Erausforderung mat enger aussergewöhnlecher Leeschtung ze begéinen. Hoffentlech wäerte mer och aussergewöhnleche Resultater den 31. Juli 2003 ze vermëg kréien.

A fir dass dës keng eidel Wieder bleiwe sollen, mussen mer eis d'Moyenë gin, an dofir déposéieren ech eng Motioun, wou mer de Gouvernement invitéieren, ze kucken, dass de Comité de coordination tripartite säi Bilan mécht fir den 31. Dezember 2002, esou dass den

Deputéierten d'Méiglechkeet nach kritt, dës Moossnamen ze beglenden a sai Pefferkär bäizeleën.

Motion 2

La Chambre des Députés

- *considérant que les dispositions du projet de loi 4459 concernant la mise en oeuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998 concernant:*

* *la possibilité d'accords subordonnés à une convention collective,*

* *les périodes de référence et les plans d'organisation du travail,*

* *les périodes de référence et les plans d'organisation du travail en matière de travail à temps partiel,*

* *les aides au passage au travail à temps partiel,*

* *la durée du congé parental;*

expirent au 31 juillet 2003,

- *considérant que ces mesures feront l'objet d'une évaluation par le comité de coordination tripartite,*

- *considérant que le législateur décidera sur base de cette évaluation d'une éventuelle prolongation et/ou d'une amélioration des mesures en question,*

- *souhaitant que le comité de coordination finalise son bilan d'évaluation en temps utile afin que la Chambre des Députés puisse, le cas échéant, légiférer avant l'expiration desdites mesures,*

invite le Gouvernement

- *à veiller à ce que le comité de coordination tripartite finalise son bilan d'évaluation pour le 31 décembre 2002 au plus tard.*

(s.) Jean-Marie Halsdorf, Lucien Clement, Nico Loes, Lucien Lux et Marc Zanussi.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Den Här Niki Bettendorf huet d'Wuert.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären ech kennen eng Rei Leit déi muer den Owend besser wäerte schlofen, wann de Projet de loi d'parlamentaresch Hürd gepackt huet. Et war nët einfach; et war éischter eng Schwéiergebuurt mat ville Komplikaatiounen.

Wéi Usus félicitéieren ech dem Président-rapporteur, dee leider nët kann hei sin, an dem Lucien Lux fir hire flotte Rapport. Ech wëll awer och dem Sekretär vun der Commission spéciale "Plan d'action national en faveur de l'emploi", dem Martin Bisenius, fir séng vill Aarbecht merci soen.

Eng Fro, déi ech mir öfters gestallt hun, war: Wéi as et méiglech, datt hei esou vill gestridde gouf, wou dach

am Kader vun der Tripartite déi 3 Parteien : d'Regierung, d'Arbeitnehmer an d'Arbeitgeber sech eens waren, wou jiddereen huet misse Waasser a sai Wäin schëdden an et hätt misse einfach gin?

Et sollt awer anescht kommen an eng vun den Ursaache war bestëmmt, datt d'Kommissioun bal zum Mediäspektakel gin as, wou Parlamentarier - nëmmen e puer Stéck -, d'Kommissioun mam Plenum verwiesselt hun an öfters öffentlech Deklaratiounen gemaacht hun, déi da bei de Partner, déi an der Tripartite matgeschafft hun, fir Veriergerung gesuergt an de Projet esouguer e puermol a Fro gestallt hun. Ech hun dës Virgehensweis bedauert, well et war nët den usuelle parlamentaresche Gebrauch.

De Projet de loi as en importante Projet, well nët manner wéi 25 verschidde Gesetzter gin elo ëmgeännert. Et kënnt en neit Gesetz dobäi, Dispositionnen aus dem Code des Assurances sociales gin ëmgeännert, ee Kapitel heescht "Actions positives dans le secteur privé", et gi Leit agestallt a mat den Dispositions transitoires an der Entrée en vigueur begräift de Projet am ganzen 30 verschidden Artikelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Europa huet e gravë Chômageproblem an et gëllt wirklech Akzenter ze setzen. Dat as a muss en Challenge fir d'EU bleiwen a betrëfft d'Länner alleguer an domat och Lëtzebuerg, och wann et schéngt wéi wa bei ons de Problem nach nët esou grave wir.

D'Resultater vun der Chômagebekämpfung loossen op sech waarden. Dat wäisst Buch vum fréiere Kommissiounspresident Delors huet keng Besserung bruecht an et war ze begrëissen, datt mir zu Lëtzebuerg den 13.11.1997 en Débat d'orientation sur l'emploi hei an der Châmber gefouert hun, an datt am Kader vun der Lëtzebuerger Présidence e Sommet européen extraordinaire sur l'emploi stattfand huet.

Bei dësem Sommet sin d'Partner den Engagement agaangen, fir de Chômage ze bekämpfen an elo am Juni 1999 soll e Bilan gezu gin.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech erlabe mir dese Plan d'action national am Kader vun deem ze gesinn, wat d'DP am Débat d'orientation den 13.11.1997 gesot huet:

Wéi as eigentlech d'Chôimagesituatioun zu Lëtzebuerg?

Si as komplex! Offiziell hu mir e Chômagetaux vun 3,1%. Wann dat wouer wir, dann hätten all déi Recht, déi behaapte mir hätte kee Chômageproblem zu Lëtzebuerg. Ech muss soen, datt ech dës Meinung nët delen. Et as nët fir näischt, datt och haut nach d'OECD vun engem virtuelle Chômagetaux vun 13% schwätzt.

D'Ursaache si bekannt:

• All déi Frontalierën, déi bei ons Chômeur gin, zielen nët bei ons, mä an hire Länner.

• Bei ons si vill Arbeitnehmer Invalidementer gin, fir eben nüt an de Chômage ze falen a mir hun dofir ronn 20.000 Invalidementer zu Lëtzebuerg.

Ech mengen d'Regierung as sech dem Problem bewosst an hat e Gesetzesprojet eragereecht, deen awer en cours de route Schëffsbroch erlidden huet, awer hoffentlech nach eng Kéier komme wärd.

• Mir hun och d'Prétraite agefouert an doduerch der Arbed an aneren Entreprisë gehollt an zu gläicher Zeit vill vun hire Mataarbechter de Chômage erspuert.

• Dobäi kommen nach déi nüt ageschriwwe Chômeuren, plus déi 1.700 jonk Leit, déi aus de Statistick gewollt erausfalen, well si beim Stat a bei de Gemenge provisoersch ënnerkomm sin, ouni awer eng seriö Perspektiv op eng definitiv Plaz ze hun.

Alles zesummegezielt hu mir e Chômageproblem an et muss een déi Mesüre begrëissen, déi geholl gi fir d'Situatioun ze verbessern. Mir als DP begrëissen also d'Initiativ vum Aarbechtsminister.

Mä nieft eisem Chômageproblem hu mir awer och nach e graven zwete Problem, dee genau esou wichteg as an deen an dësen Debatten ze kurz kënn. A villen Aktivitéitssecteuren am Land hu mir kee Chômage, mä am Géigendeel, mir hu keng Leit fir déi oppe Plazen ze besetzen. Ech nennen hei nëmmen zum Beispill d'Justice, d'Force publique an den Enseignement. Et feelt do u Leit, u qualifizéierte Leit fir déi elementairst Aufgaben ze erfëllen. A verschiddene Gebidder si mir klor an enger Situation de suremplei. Mir mengen dofir, datt wéi dëse Projet op d'Schinne gesat gouf, en och hätt misse vun dëser Säit aus gekuckt gin.

Ech kommen dann elo zum Projet selwer. Fir d'éischt eppes Allgemenges:

Wat eis am meeschte stéiert as de Fait, datt mir haut nüt wësse wéi d'Gesetz spéider kann ugewannt gin. Iwwer 30 Règlements grand-ducaux mussen nach geholl gin, fir de Projet a Musik ëmzesetzen. Haut as scho gewosst, datt se nüt all geholl gin, an datt domat Deler vum Gesetzestext wäerte Lettres mortes bleiwen. Ech erënneren d'Kollege Presidente vu parlamentaresche Kommissiounen drun, datt si eis versprach hun, mir géife kee Gesetzestext méi stëmme wann d'Règlements grand-ducaux nüt géifen dobäi leien. Wéi as et dann dës Kéier mat dene Versprechen?

Dir Dammen an Dir Hären, weider as gewosst, datt et nëmmen e Gesetz fir méi grouss Betriber as. Fir kleng Betriber a Geschäfte wärd sech näischt änneren. Ob et awer richteg as e Gesetz ze maachen, wou duerno kleng Betriber - ech denken zum Beispill un de Bäcker an un de Metzler - sech an der Illegalitéit betannen, do menge mir, datt dat nüt gutt as. A Wirklechkeet wärd et awer esou sin.

Déi zwee éischt Kapiteln: "Le contrat d'auxiliaire temporaire" an de "Stage d'insertion", sin op Grond vu villen Interventiounen a virun allem och op Grond vun enger formeller Oppositioun vum Conseil d'Etat am po-

sitivë Sënn geännert gin. Hei ware positiv Diskriminatiounen fir d'Frae virgesinn; am éischten Text stung nach "jeunes filles". Dësen Text as elo a positiv Diskriminatiounen fir de Sexe sous-représenté ëmgeännert gin. Dat as gutt esou. Et wir falsch gewiescht, e Betrib méi ze ënnerstëtze wann e Fraen astellt, wann dee Betrib souwéi-sou nëmme mat Frae schafft.

D'Gläichstellung vu Mann a Fra as wichteg a soll iwwerall ënnerstëtzt gin. Et dierf awer nüt esou sin, datt mir de Reflex Gläichstellung an déi eng oder an déi aner Richtung iwwerzëien. Wat ech nüt gutt am jetzegen Text vun dësen zwee Kapitele fannen as dat hei: De Fonds pour l'emploi rembourséiert dem Employeur am Privatsécteur 50% - respektiv 65% fir de Sexe sous-représenté - vun der Indemnitéit. Wann awer eng Gemeng oder e Gemengesyndikat esou Kontrakter mécht, kritt se 85% rembourséiert. Hei huele mir wuel Chômeurë vun der Strooss, hu bëlleg Aarbechtskräften a konkurrenzéieren oft d'Privatwirtschaft. Ganz oft kréien d'Entreprises aus der Gemeng duerch dës Moossnam manner Opträg an et gët och nüt méi ageallt.

Ech hätt et léiwer gesinn, wann d'Gemengen nüt méi kréie géinge wéi déi Privat oder nach besser, datt d'Betriber dat selwecht kréie géinge wéi d'Gemengen an d'Gemengesyndikater.

Ech sin do nüt aleng mat ménger Menung. Mir kruten haut nach e Fax vum Landesverband, dee gären eng Emännerung hätt, wou drasteet: "En ce qui concerne l'Etat, les communes, les syndicats de communes, les établissements d'utilité publique ou tout autre organisme, institution ou groupement de personnes poursuivant un but non lucratif, le contrat d'auxiliaire temporaire ne peut être proposé que pour des projets liés à des tâches d'utilité publique ou sociale ainsi que des projets d'intérêt culturel, les délégations du personnel entendues dans leur avis."

Bon, bei de Gemenge kann ee soen, datt alles d'utilité publique as. Am Fong geholl as d'Gefor ganz grouss, datt - an ech gin ee Beispill - wa mir mat Auxiliaren craus Gras méie gin an de Gärtner aus der Gemeng och gär Aarbecht hätt, hien da keng méi kritt, well mir eng bëlleg Main-d'oeuvre hun. Dat as nüt onbedéngt esou, wéi ech mir dat virstellen.

(Interruptions)

Op d'Dispositions communes, d'Primes d'orientation, d'Aide à la promotion de l'apprentissage an d'Dispositions transitoires wëll ech nüt weider agoen. Déi Saache gin nach iwwer e Règlement grand-ducal geregelt.

Iwwer den Artikel II gët dann d'Gesetz vum 30.6.1976 iwwer de Fonds pour l'emploi an d'Réglementation de l'octroi des indemnités de chômage ëmgeännert. Hei gin ech jhust op zwee Voletën an, an zwar op den Artikel 7bis 1, wou festgehalé gët, datt et zu enger Verdeierung vun 1 Frang op de Benzinsprodukter kënn, deen als Droit d'accises autonomes opgehuewe gët.

Mir Lëtzebuerger hun ëmmer d'Tendenz eis nët zevill un Accisenerhéijungen ze stéieren, well jo e groussen Deel vum Bensin, vum Alkohol a vun den Zigarette vun Auslänner hei am Land kaaft gët. Mir mussen awer oppassen, datt et ëmmer en zolitten Différentiel mat den Nopeschlänner gët a bestoe bleift, soss riskéiere mir iwwer kuurz oder laang vill Geschäftsleit aus onser Grenzregioun an de Ruin ze stürzen, wann dat, wat se opgericht hun, nët méi rentabel as.

Och stung am initialen Text vum Projet de loi, dass en Droit d'accises autonome vu 4 Frang um Liter hätt kënnen opgehuewe gin an zwar iwwer Règlement grand-ducal hätt dee kënnen fixéiert gin. Domat war d'Chamberkommissioun nët averstanen an dat begréisste mir.

Och d'Gemeenge kréien iwwer dësen Artikel 7 bis 2 erëm eng gewësse Kompensatioun fir déi Steieren, déi hinnen duerch dëse Projet verluer gin. Sou gët den Taux de contribution vun de Gemengen aus dem Impôt commercial vum Jor 2000 un vun 2% op 0% erofgesat. Mir haten zwar gefuerdert, datt dat scho vun 1999 u geschéie soll, sin awer mat dëser Fuerderung nët duerchkomm.

Beim Kapitel "Stage de réinsertion" fanne verschidde Bedingungen eis voll Zoustëmmung, an zwar de Fait, datt wann den Demandeur d'emploi, dee gäre Chômagegeld kritt, refuséiert e Stage de réinsertion ze maachen oder refuséiert, datt mat him e Bilan de compétence opgestallt gët, datt deen, wéi et am Text steet: "Il est exclu du bénéfice de l'indemnité de chômage complet." Dat schénkt eis op alle Fall richtig ze sin. Mir mussen dene Leit, de Chômeuren, d'Hand reechen, mä vun hirer Säit muss awer och gudd Wëllen do sin, fir erëm kënnen an d'Aarbechtswelt agegliddert ze gin. Dat hei musse mir och nach am Kader vum RMG-Gesetz upasse kënnen.

Wat den Artikel III ubelaangt, deen d'ADEM - d'Administration de l'Emploi - behandelt, do muss ech soen, datt mir frou doriwwer sin, datt sech a leschter Zäit bei der ADEM viles am positivë Sënn geännert huet. Mir fannen et scho richtig, datt och Spezialisten aus der Privatwirtschaft mat erugezu gin, an datt am allgemengen och mat de Betriber méi enk zesummegeschafft gët. Mir begrëissen et, datt och eng Zesummenaarbecht tëschend der ADEM an där enger oder anerer Interimsgesellschaft besteet. Och iwwer dee Wee kënnen Leit eng Aarbecht fannen.

Et as och richtig, datt all Patron séng offe Plaze beim Arbeitsamt melle muss, dräi Deg ier hien eng Annonce an d'Zeitung mécht. Domat soll a kann ereecht gin, datt déi Leit, déi hei am Land wunnen, e Virsprong op d'Grenzgänger solle kréien. D'Amende, déi de Patron kann opgebrummt kréien, wann e sech nët un dës Instruktiounen hält, läit bei enger éischter Infraktioun tëschent 10.000 an 100.000 Frang, wat jo wirklech kee Pappenstiel as. D'Gesetz seet näischt wéi d'Amende bei enger zweeter Infraktioun as, mä ech wëll mol ganz einfach nëmmen dat heite soen: Ier ee vun Amendé schwätzt, as et bestëmmt besser wann e Patron eng Annonce an d'Zeitung gemaacht huet, datt da vläicht d'Arbeitsamt de Patron uruffe soll, fir him ze soen, datt si Leit hätte fir déi Plaz ze besetzen an déi laanscht schécke géi-

fen. Och hei géif ech mir eng besser Kollaboratioun tëschent der ADEM an de Betriber wënschen.

Am Artikel IV gët d'Gesetz vun 1991 iwwer d'Travailleur handicapés ëmgeännert. Hei kënnen mir als DP nëmme begrëissen, datt eis Proposition de loi Grethen-Bettendorf an d'Gesetz iwwerholl gët, an zwar gin elo nët nëmmen déi Handicapé considéiert wéi Aarbechtsaccidenter, Krichsinvaliden an déi Leit mat engem physischen Handicap, mä elo kënnen och déi Leit profitéieren, déi e mentalen, sensorielle, psycheschen oder psychosozialen Handicap hun. Dat as gutt esou, d'autant plus well d'Méiglechketen, déi am Gesetz vun 1991 dran stin, nach bei wäitem nët genotzt gin. Och gët d'Participatioun vum Stat un d'Employeuren aus dem Privatsektor op d'Gemengen ausgedeeent. Dat war zwar laut Gesetz vun 1991 nët verbueden, et gouf awer anescht ausgeluegt. Ech soe merci fir d'Präzisioun am Text.

Dat hei sin esou Punkten oder Pinktelcher vun denen den Aarbechtsminister seet, datt och Iddiën vun der Oppositioun an dee Projet afléisse gelooss gi sin. D'Oppositionspolitiker kréien also heiansdo esou eng kleng Kamell, fir datt si nët zevill wéisch mam Projet ëmsprangen.

Am Artikel V geet et ëm d'Kollektivvertrag. Aleng un Hand vun dësem Artikel fënt ee bestäegt, dass dëst Gesetz e Gesetz as fir gréisser Betriber. D'Kollektivvertragsverhandlung gin nët méi einfach. Virun allem wann e Kollektivvertrag ofgeschloss gët, deen e ganze Sektor soll ofdecken, da geet et natierlech schief, well et an deem Sektor riseg Gréisstenënnerscheder gët. Ech wëll zum Beispill bemierken, dass d'Organisatioun vun der Aarbecht an enger Fabrik eng ganz aner as wéi déi an engem klengen artisanale Betrib. Ech huelen d'Beispill vun der Broutfabrik versus de Bäcker. Do si riseg Ënnerscheder, déi muenchmol schwéier an de Grëff ze kréie sin.

Hei begrëisse mir den Zousaz, wou festgehale gët, dass d'Entreprises de Salariéën, déi zäitweileg aus dem Betrib eraus waren, musse Formatioun ubidden, mä och dat geet a grouse Betriber an nët a klengen Entreprises.

Den Artikel VI, an deem et ëm d'Aarbechtszäit, d'Organisatioun vun der Aarbecht geet, schénkt mir deen Artikel ze sin, ëm deen an der Tripartite am meeschte gefeilscht gouf. Ech géif et kuerz resüméieren: Flexibilitéit versus Aarbechtszäitverkierzung. Mir si Gott sei Dank nach ëmmer bei 8 Stonnen den Dag an der 40-Stonnewoch bliwwen. Iwwer d'Kollektivvertrag kënnen awer méi niddreg Limité festgeluegt gin. Generell wëll ech hei soen, dass a ville Betriber manner wéi 40 Stonne geschafft gët. Et muss een awer och zouginn, dass nach oft vill méi wéi 40 Stonne geschafft gët. Ech si perséinlech iwwerzeegt, dass eng generell Aarbechtszäitverkierzung keng nei Aarbechtsplaze mat sech bréngt, am Géigendeel, et as ze fäerten, et as sécher, dass wann d'Aarbecht ze deier gët, dass dann d'Aarbechtsplazen ewech rationaliséiert gin.

Mir halen zwar d'Rad vun der Zäit nët un - och an Zukunft gi manner Stonne geschafft -, am Abléck awer

musse mir kompetitiv bleiwe par rapport zum Ausland. Och däerfe mir net vergiessen, dass nei zousätzlech Aarbechtsplazen, déi mir nëmme fir zousätzlech Frontalierë schafen, dem Land nach laang net nëmme Avantagë bréngen, ganz am Géigendeel, an dat as awer dat, wat mir gréisstendeels am Abléck hei am Land maachen.

D'Kärstéck vun dësem Artikel as de POT, de Plan d'organisation du travail. Hei kann elo d'Aarbechtszäit während enger Referenzperiod vu 4 Woche liicht variéieren, ouni awer déi gesetzlech oder déi konventionnell Bestëmmungen ze iwwerschneiden. Och kann d'Referenzperiod op 12 Méint ausgedeeent gin. Vereinfacht ausgedréckt: Wa virgesinn as 7 Stonnen den Dag ze schaffen an et gin 8 Stonne geschafft, da kritt den Arbeitnehmer eng Iwwerstonn bezuelt. Wa virgesinn as 9 Stonnen ze schaffen an et gin der 9 geschafft, da gët keng Iwwerstonn bezuelt. D'Rapporteuren hun dësen Artikel schon am Detail explizéiert an ech brauch net op all d'Variationen anzugeen.

Alles an allem as awer dës POT eppes Rigides, dat all Kéier 5 Deg virum Akraafttriede muss affichéiert gin am Betrib. Et muss virdrun obligatoresch a préalablement der Personaldelegatioun oder dem Personal ënnerbreet gin, déi dann en Avis ofgin, entweder positiv oder negativ. Bei 4 Avis négatifs hannerneen geet et bei den Direkter vun der Inspection du Travail et des Mines, dee versicht en Accord erbaizeféieren; wann net, da geet et op d'Conciliatioun.

Dir Dammen an Dir Hären. Ech muss Iech soen, déi, déi esou e rigide Kader fir e Betrib setzen, dat kënne keng Leit sin, déi jeemools selwer hu müssen e Betrib leden an déi domat och d'Verantwortung fir d'Personal hun. Déi extrem Rigiditéit, déi ech hei ugeschwat hun, gët zwar liicht amendéiert duerch den Zousaz vu Cas d'événements imprévisibles oder Cas de force majeure. Do gët a kuerzer Zäit d'Justiz dermat betraast, an da gi mir gewuer, wat e Cas imprévisible oder e Cas de force majeure as. As dat zum Beispill wann d'Präisser vun engem Dag op deen aneren e Sprong no uewe maachen, wa massge Commandé beim Patron erakommen oder wann d'Boursé vläicht verréckt spillen? Dat gi mir eréischt iwwer d'Jurisprudenz gewuer.

Ech fannen et och iwwerdriwwen, dass dës POTë müssen un den Direkter vun der Inspection du Travail et des Mines geschéckt gin. Dat gëtt och fir déi, déi net beanstant gin. Den Direkter vun der Inspection du Travail et des Mines wär gutt beroden, wann hie géif direkt e Mann astellen, fir soss näischt ze maache wéi déi POTën aus dem ganze Land ze klasséieren. Och kann ech mir net virstellen - erëm eng Kéier kleng Betriber versus grouss Betriber -, dass dee kleng Patron dat do a séngem Betrib all Woch oder all Mount wäerd maachen.

Et wäerd leider esou kommen, dass de POT a ville kleng Gechäfte, an a Kleng- a Mëttelbetriber e Wonschenke bleift. Och sin ech op eppes opmierksam gemaacht gin, dat schwéier an esou e rigiden Aarbechtsprogramm anzubauen as an zwar den Horaire mobile, duerch deen haut vill Aarbechter a Beamten zu hirem Advantage iwwer eng méi flexibel Aarbechtszäit verfügen. Vläicht misst

aus dësem Bléckwénkel eraus de POT eng Kéier nogebessert gin.

Wat d'Deelzäitaarbecht ubelaangt, as an deem Sënn legiferéiert gin, dass net méi wéi 20% Iwwerstonnen däerfe gemaacht gi par analogie zu enger ganzer Aarbechtsplaz. Bei 40 Stonnen d'Woch däerfe maximal 48 Stonne geschafft gin, also maximum 20% Iwwerstonnen. Bei Deelzäitaarbecht vun zum Beispill 20 Stonnen dären dann elo och nëmme 20% Iwwerstonne gemaacht gin, also maximum 4 Stonnen. Am Total sin dat net méi wéi 24 Stonnen d'Woch. Dat kann een esou gesinn, a Wierklechkeet awer, wann d'Patronë feststellen, dass et mat 24 Stonnen net duergeet, da gët vläicht an esou Fäll en neie Kontrakt ofgeschloss zum Beispill iwwer 30 Stonnen, an da gin 30 Stonne geschafft an do brauch da keng Iwwerstonn bezuelt ze gin.

Am Artikel X gët d'Reglementatioun vun de Jours fériés légaux nei reglementéiert. Bis elo war et esou, dass wann e Feiertag op e Sonndeg gefall as, da gouf bei ons zu Lëtzebuerg automatesch méindes net geschafft. Mir ware vläicht déi eenzeg an Europa, déi esou eng Regelung haten an et koum oft vir, dass Leit aus den Nopeschlänner méindes op Lëtzebuerg komm sin an da war bei eis kee Geschäft op, kee Betrib huet funktionnéiert an et war fir déi Leit schwéier ze verstoen, dass mir méindes Feiertag haten obschons a kengem Kalenner iergendwou e Feiertag virgesi war. Ech fannen et also eng richtig Saach, dass mir hei domat ophalen de Feiertag vu sonndes op méindes ze iwwerdreen, d'autant plus well mir jo kengem e fräien Dag ewechhuelen. Dee fräien Dag geet kengem verluer, et muss een e jhust an engem Délai vun 3 Méint vum Feiertag u gerechent huelen.

Am Artikel XI as eng Proposition de loi an dësen Text agefloss, déi zoufälleg vu mir as, an zwar as dat de Congé fir deen, dee Papp gët. Fréier war dat esou, dass een huet misse bestued si fir déi 2 Deg Congé ze kréien, wann ee Papp gin as. Elo gët dat an dësem Text dann esou ëmschriwwen, dass et 2 Deg si "pour les pères en cas de naissance d'un enfant légitime ou naturel reconnu". Et as zwar richtig, dass de Papp mindestens muss d'Kand unerkennen, wann hie wëllt 2 Deg Congé kréien. Mat dësem Text sin ech natierlech direkt ganz averstanen.

Wat den Artikel XIII ubelaangt, wou reglementéiert gët, wéi ee kann zum Beispill Geschäftsmann gin oder e kleng Betrib féiere bis zu 3 Leit Personal, mengen ech, dass de Projet do an engem Fall net korrekt as. Op där enger Säit steet am Artikel 14b, dass ee muss en CATP oder en equivalenten Diplom hun aus där Branche wou een de Betrib wëllt féieren, dass ee 6 Jor Praxis an der Branche brauch, an dass ee muss Couren a Gestion d'entreprise gemaacht hun. Dat as de Créneau, fir kënne esou ee kleng Betrib ze féieren.

Op där anerer Säit steet am Artikel 14a, also jhust virdrun, datt et duergeet, fir d'Qualifikatioun ze kréien, wann een de Statut vum Travailleur reconnu handicapé huet. Mir schéngt dat net glécklech, och wann ech all Verständnis hun. Wann een op där enger Säit muss 6 Jor Praxis a Gestéioun geléiert hun, da kann et op där anerer Säit net duergoen en Handicap ze hun. Ech mengen, et as

ubruecht den Text och nach eng Kéier aus engem anere Bléckwénkel ze kucken. Ech hätt nët gären, wa Leit, déi en Handicap hun, géife méissbraucht gi vun aneren, fir iwwer eng einfach Aart a Weis kënnen e Betrib opzemaachen, och wann et e klengen as.

An engem nächsten Artikel geet et em d'Schléissungszäite vun de Besinsstatiounen. Hei as et richtig, dass elo d'Autobunnstatiounen 24 Stonnen op 24 hir ganz Palett vu Produkter kënnen ubidden, d'Rayonën Alimentatioun an Nët-Alimentatioun mat abegraff. Bei denen anere Bensinsstatiounen as dat nët esou. Hei bleift de Verkaafsrayon op 20 m2 ronderëm d'Keess limitéiert. Fir mech mécht dës Moosnam kee Sënn, entweder e Geschäft as op oder et as zou, mä et as nët hallef op. D'Reglementatioun vun den 20 m2 as eng Alibi-Reglementatioun. Wa mir der Meinung sin, dass d'Geschäfte wéi Bensinsstatiounen hir Dire kënnen laang op hun - zum Beispill 24 Stonnen op 24 -, da musse mir och de Courage hun ze soen, dass se all hir Produkter am ganze Shop kënnen verkafen. Ech sin awer och der Meinung, dass d'Exploitantë vun esou Geschäfte déi néideg Qualifikatiounen mussen hun.

An dësem Artikel gët och reglementéiert, wéini d'Geschäfte an d'Kinoskomplexer kënnen op hun. Hei léisst den Utopolis gréissen. Mä dat as richtig, dat as gutt esou, dat sin d'Zeeche vun der Zäit, an d'Zäiten hu changéiert. Fréier si mir mëttes em 4 Auer danze gaang an haut gin déi jonk Leit nët virun 11, 12 Auer owes op den Tour, an d'Geschäfte, déi mussen ebe gemaacht gi wann d'Clientën do sin.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. An dësem Gesetz gët och versicht, verschidden Ännerungen ënnerzebréngen a puncto Enseignement secondaire technique a Formation professionnelle continue. Hei gët versicht Brécken ze bauen tëscht CITP, CCM, CATP. Mä trotz dem gudde Wëllen, dat wat hei proposéiert gët, dat wäerd nët duergoen. Mir wëssen, dass nëmmen déi beschte Schoul de beschte Garant fir eng gutt Aarbechtsplaz as. Mä do si mir wäit dervun ewech.

Lifelong learning as haut fir jidferen e Begrëff, mä d'Realitéit zu Lëtzebuerg as nët brilliant. D'Gesetz iwwer d'Formation professionnelle continue as nach ëmmer nët gestëmmt. Et as elo hei nët d'Zäit fir iwwer d'Education nationale ze diskutéieren, si as awer dee wichtigste Bestanddeel vun de Mesüeren, déi musse geholl gin, fir am Land d'Beschäftigungssituatioun ze verbesseren. Hei muss investéiert gin an Infrastrukturen, Informatik, Programmer, Methoden, neist Technologien. Mir haten 1997 proposéiert, d'Formatioun misst zu engem feste Bestanddeel vun der Tripartite gin. Hei as elo an der Tripartite iwwer verschidde Voletën diskutéiert gin a versicht gi Verbesserungen erbaizeféieren. Dat as luewenswäert, geet awer nët duer.

Ech erënneren un dem René Kollwelter säi Rapport "L'Ecole de la deuxième chance". Do si richtig Propositionen gemaacht gin, mä dat as all Kéier nëmme fir déi, déi nët gutt virukommen. Ech wëll nët falsch verstane gin: All d'Initiativen op dësem Gebitt, déi geholl gin, si gutt, mä ech vermëssen eppes Essentielles. Mir fuerderen

déi excellent Schüler nët genuch. Mir kréien nët genuch Leit mat Universitätsdiplomer. Fréier hat d'Arbed een Universitaire op 500 Employéen, haut brauch de Secteur bancaire een Universitaire op 5 Employéen. Viru kuerzem huet eng Lëtzebuerger Bank 40 Universitaire gesicht. Si huet ee fond, deen zu Lëtzebuerg wunnt!

Dir Dammen an Dir Hären. Well dat esou as, brauche mir eis nët ze wonneren, dass mir an de Chefétage vu grouse Firme keng Lëtzebuerger méi sëtzen hun, an dass d'Intérêt vum Land nët méi richtig verteidegt gin. Ech widderhuelen dat, wat ech 1997 am Kader vum Débat d'orientation sur l'emploi gesot hun: Mir mussen an der Formatioun op där enger Säit déi gutt Schüler ënnerstëtzen, fir dass si hir Universitätsstudien réusséieren, well e Land kann ouni Spëtzeleit näischt ufänken. Op där anerer Säit musse mir et färdegebréngen, dene schwache Schüler eng Basisformatioun ze vermëttelen, déi et hinnen erlaabt, hir Plaz an onser Gesellschaft ze fannen.

Ech kommen elo zum Congé parental an dem Congé pour raisons familiales. Wat de Congé parental ubelaangt, lafen do am Abléck d'Téléphone waarm, vill potentiell Bénéficiairë waarden drop a wësst gären, wéini dass se kënnen dovou profitéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Hei gët en héije Präis bezuelt. Dat anert Jor as mat enger Gesamtdépense vu ronn 2,5 Milliarden ze rechnen, wouvun der mindestens 1/3 direkt an d'Ausland fléissen. Mir sin an Europa d'Championën. Laut der europäescher Direktiv si mir gehalen, e Congé parental anzeféiere fir Mann a Fra vu mindestens 3 Méint. Mir si large a gin op 6 Méint, mir sin nach méi large a bezuele 60.000 Frang de Mount netto, jee nodeem wéi d'Famill sech zesummesetzt sin dat tëscht 70.000 an 80.000 Frang de Mount brutto. Et as wierklech en héije Präis. D'Geeschter schede sech: As et eng familjepolitesch oder eng Aarbechtsplazbeschäftigungsmaassnam oder souguer e Walköder fir de Juni 1999?

(Interruption)

Waarscheinlech sin déi 3 Punkte richtig.

Et kommen zu Lëtzebuerg pro Jor ëm déi 5.000 Kanner op d'Welt.

(Interruption)

Dat héiert Der herno wann ech fäerdeg sin!

Mann a Fra zesummen, dat mécht zweemol 6 Méint = 1 Jor Congé parental, d.h. mir dierften theoretesch an engem Jor kee Chômage méi zu Lëtzebuerg hun. Ech sin awer iwwerzeegt, dass dat nët de Fall wäerd sin!

Wat sin déi negativ Punkten, déi engem direkt an d'Astiechen?

Huele mer z.B. d'Hotelsbranche, d'HORESCA mat 11.000 Ugestalltenen: Dovu si 94,6% Ausländer. Dese Secteur as gehalen, an d'Ausland rekrutéieren ze goen, well keng Aarbechtskräften hei ze fanne sin. Eleng fir dës

Branche gin also 94,6% Congé parental u Frontalierën, an där Beispiller gët et der nach vill.

Mir si sécher, dass elo d'Schwaarzaarbecht wäerd bléie wéi scho laang nët méi. Dat as an der Natur vum Mënsch. Et gët vill Leit, déi gär schaffen a Geld verdin-gen, an et wäerd schwireg gin, hinnen dat ze verbidden.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Ech gin d'Beispill Baubranche, wann am Kader vum Intempériesgesetz nët däerf geschafft gin. Wann dat an-trëfft, da verschwannen a grousser Zuel d'Aarbechter op aner Chantierën, wou da schwaarz geschafft gët. Mir as e Fall bekannt, wou e Plätterchersleër a Faillite gaangen as: Sëng Aarbechter haten d'Geschir an d'Plättercher an e Privatbau mat ewechgeholl a schwaarz geschafft. Vlächet hu se sech schadlos gehalten, well se virdru keng richtig Pai kruten!

(Interruption)

Mä wat sécher as, as, dass duerch dëst Gesetz, wou onerwaart vill Leit 6 Méint laang Congé parental kréien, d'Gefor vun der Schwaarzaarbecht grouss as. Am initia-len Text waren och Sanktiounen virgesinn; déi sin aus dem Text erausgeholl gin, an dofir proposéiere mir der Châm-ber eng Motioun, fir dass zousätzlech Mesüre geholl an d'Kontrollen a puncto Schwaarzaarbecht verstärkt gin.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, obschon d'Arbeitgeber am Prinzip géint de Congé parental waren, deen hinne grouss organisatoresch Schwiregketen an de Betriber wäerd bréngen, ware si dach domat averstanen, en échange vun enger méi grousser Flexibilitéit a puncto Aarbechtszäit. Ech hun et d'ënescht scho gesot: d'Dis-kussiounen an der Tripartite goungen ëm Flexibilitéit an Aarbechtszäitverkierzung an ëm Flexibilitéit a Congé pa-rental. D'Aarbechtszäitverkierzung as ewechgefall, an d'Patronaatsorganisatiounen hun dem Congé parental zougestëmmt. Wat dobäi erauskënnt, as ongewëss!

Am Text as virgesinn, virum 31. Juli 2003 eng Eva-luatioun ze maachen, fir ze gesinn, wat bei dëse Mooss-namen erauskënnt. Wann dann nët en neit Spezialgesetz gemaacht gët, geet de Congé parental automatesch op 3 Méint erof. Virum 31. Juli 2003 kann also eng Evalua-tioun gemaacht gin. Dat léisst eis d'Méiglechkeet, d'Re-girung opzefuerderen, schon éischer eng Evaluatioun ze maachen. Déi kann all Jor gemaacht gin, an ech froen d'Châmber dofir och an enger Motioun, dass mir spéits-tens am Fréijor 2001 eng seriö Evaluatioun kréien. Léi-wer hätte mir se schon am Fréijor 2000! Wéi soll dës Evaluatioun ausgesinn? Virum allem as et wën-schenswäert ze gesinn, wéi de lokale Chômage, also bezun op d'Entwécklung hei am Land, évoluëiert, an zwar ongeschminkt.

Wat de Congé pour raisons familiales ubelaangt, do gesi mir keng gréisser Schwiregketen. 2 Deg pro Kand pro Jor an d'Fräe fir d'Krankkesen, dat as an der Rei. Dat as och haut an der Realitéit scho genau esou! Ganz oft, wann d'Kand krank gët an et as keen do, fir d'Kand ze versueren, da kritt och d'Mamm oder de Papp e Kran-

keschäi geschriwwen. Loosse mer eis also do näischt vir-maachen! Ech mengen, de Congé pour raisons familiales as eng gutt Saach!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Moossnam as an dësem Gesetz virgesinn, déi bestëmmt hir Friichten dréit: an zwar gin iwwer den Artikel XXVIII elo direkt 81 Agents supplémentaires agestellt. Wann dës Leit wierklech nët am Staatsdëngscht ze fanne sin, da wësse mir haut schon, dass et mindestens ee Jor dauere wäerd, bis déi heite Leit operationell sin. Trotzdeem as et richtig, dass keen agestellt gët, deen nët déi virgeschriw-en Examen ofgeluegt huet. Sécher misst awer och ge-kuckt gin, ob an anere Ministären nët eng Rei Beamten disponibel sin.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kom-men elo zu ménger Konklusioun.

Trotz enger Rei vu Kriticken a Virschléi stëmme mir als Demokratesch Partei dëst Gesetz. Firwat?

Et war de Wëlle vun den Arbeitnehmer, den Arbeitge-ber an der Regierung, zu engem Accord ze kommen an d'Aarbechtslosegkeet ze bekämpfen. Si sin zu engem Ac-cord an der Tripartite komm, an deen Accord as vun der Regierung mat der Mathëllef vun der Châmber ëngemo-delt an a Musik ëngesat gin. Arbeitnehmer an Arbeitge-ber si mat dësem Projet de loi averstanen. Wëssend dass et e Kompromiss tëscht géigendelege Meinungen as, re-spektéiere mir den erziiltene Accord a wäerten, wéi ech et scho gesot hun, dësem Gesetz eis Zoustëmmung gin.

Ech déposéieren dann nach déi zwou Motiounen a soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Motion 3

La Chambre des Députés

- *considérant que le Plan d'action national a pour ob-jectif principal de combattre le chômage au Luxembourg;*

- *considérant que la directive 96/34/CE relative au congé parental a été transposée dans le cadre de ce pro-jet de loi dans une forme et avec des modalités dépassant de loin les dispositions de la directive européenne et jus-tifiées par le souci de faire du congé parental une mesure additionnelle de lutte contre le chômage;*

- *considérant le coût de l'application du congé paren-tal;*

invite le Gouvernement

- *à faire procéder annuellement à une évaluation dudit congé parental dans l'optique de la lutte contre le chô-mage au Luxembourg,*

- *à soumettre à la Chambre des Députés au plus tard au début de 2001 un premier bilan des effets du congé pa-rental.*

(s.) Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Emile Calmes, Henri Grethen, Théo Stendebach.

Motion 4

La Chambre des Députés

- considérant que le Plan d'action national a pour objectif principal de combattre le chômage au Luxembourg;

- considérant que l'introduction d'un congé parental dans la forme et avec les modalités obtenues dans le projet de loi 4459 répond au souci de créer un instrument additionnel de lutte contre le chômage au Luxembourg;

- estimant que les risques d'abus dans ce domaine sont réels;

- rappelant que l'article 98 de la première version du projet de loi qui sanctionnait les fraudeurs a été retiré du projet de loi actuel;

invite le Gouvernement

- à instaurer des mesures supplémentaires pour renforcer les contrôles afin d'éviter un accroissement du travail au noir.

(s.) Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Emile Calmes, Henri Grethen, Théo Stendebach.

M. le Président. - La parole est à l'honorable M. Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen, wat een de Projet iwver den nationale Beschäftigungsplang méi oft liest, wat een nei Akzenter entdeckt an erfaasst, déi an dësem Text hiren Nidderschlag fond hun. Dem Staatsrot séngem Goût no as souguer zevill an dëse Projet gepaakt gin, an de Staatsrot wollt eenzel Elementer, wéi z.B. de Congé parental an de Congé pour raisons familiales, doraus erausléisen.

(Interruption)

Ech hun nët deen Avantage, fir méng Texter ëmmer am Zuch ze liesen, wéi Dir dat ëmmer kënnt maachen, Här Kollwelter!

D'Châmber war nët där Meinung an huet d'Regierung an hirer vernetzter Approche suivéiert.

Am Numm vun eiser Fraktioun erlaben ech mer, allen Acteuren, déi um Zustandekomme vun dësem Projet bedegt waren, merci ze soë fir hir Mataarbecht an hir Konsensfähigkeit. E spezielle Merci geet un déi zwee Rapporteurs, un de President, un de Sekretär an un déi gesamt Kommissioun, déi vill Gedold bewisen an et färdigbruecht huet, fir och a kontroverséierte Froë Kompromësser ze fannen, déi nët ëmmer esou evident waren.

D'Gesetz as d'Resultat vun enger konstruktiv-kritesch-partnerschaftlecher Approche, an där dës Kéier nët nëmmen d'Sozialpartner déterminant waren, mä och d'Châmber iwver d'Spezialkommissioun hir Roll voll iwverholl huet. D'Châmber as virum europäesche Beschäftigungssommet an engem excellenten Orientierungsdébat zum Zuch kommen an huet nom Sommet an no der Tripartite déi Direktive versicht a Musik ëmzesetzen. D'Châmber huet dono nët nëmmen mam Kapp gewénkt, mä aktiv un der definitiver Versioun vum Projet matgeschafft.

Dat as nët ouni Reiwereie gaangen, mä et war dee richtige Wee, och wann heiansdo bei den Auseinandersetzungen iwver eenzel Punkten de ganzen Impakt vum Projet ze kuerz komm as. De Lucien Lux huet, mengen ech, a sénger Interventioun a Konklusioun nach eng Kéier drop higewisen, wéi an der öffentlecher Meinung heiansdo iwver Detailler vum Projet geschwat gin as an een d'Impressioun hat, wéi wann een hei eng Schandtat géing vollbréngen; déi positiv Elementer sin an där Schwaarzweißmolerei heiansdo ze kuerz komm.

D'Egenaart vum Lëtzebuurger Plan national fir den Emploi dréit d'Ënnerschrëft nët nëmmen vun de Sozialpartner, nët nëmmen vun der Regierung, mä och vum Parlament, an et wärd sech an der Praxis weisen, ob dee Plan national fir den Emploi och d'Ënnerschrëft kritt vun dene Betreffenen, nämlech vun de Chômeuren, an och vun denen, déi de Programm sollen an d'Praxis ëmsetzen, d'Betriben.

Den Enjeu as ganz klor: Et geet nët nëmmen drëm, fir e Recht op Aarbecht ze verankeren, mä et geet drëm, fir dat Recht op Aarbecht och kënne an der Praxis ze realiséieren a kënne dovun ze profitéieren. Wat notzt e Recht - an dat gesi mer an enger Rei vu Projeten -, wann een et nët kann notzen?

De Plan d'action national geet wäit iwver dat craus, wat an den Ëmfelunge vum Sommet européen festgehalte gin as.

Zwee Beispiller dozou:

- d'europäesch Direktive sin dovun ausgaangen, dass kee jugendleche Chômeur méi wéi 6 Méint ouni Aarbecht dierft sin; de Lëtzebuurger Beschäftigungsprogramm seet, dass an Zukunft kee Jugendleche méi no 3 Méint soll ouni Aarbecht sin;

- bei de Laangzäitaarbeitslose sin d'europäesch Direktive vun 12 Méint ausgaangen, wou e Laangzäitaarbeitslosen eng Aarbecht misst fond hun; an eisem Programm striede mer un, dass no 6 Méint kee Laangzäitaarbeitslose méi soll ouni Beschäftigung sin.

Tatsaach as, dass de Chômage hei zu Lëtzebuerg mat bescheidenen 3% den absoluten Negativrekord schléit an der Communautéit. Dat as awer kee Grond zur Selbstzufriedenheit, mä eng Erausforderung, fir um preventive Plang aktiv ze bleiwen, fir dass mer nët zu Chômagetauxë kommen, déi méi no leie bei dene vun eisen Nopeschlänner.

Et as oft genuch ënnerstrach gin, dass de Bilan vun der Schafung vun Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg méi wéi befriedgend as. Mir leien an der Tëschenzäit bei engem Emploi salarié vun 215.000 Leit; dat entsprécht engem Accroissement an dene leschte puer Jor vun 3,3% järelech. Tëscht 1985 an 1998 - dat geet aus dem Lucien Lux séngem excellente Rapport ervir - as den Emploi frontalier awer ëm 500% gestigen, op haut 67.000 Frontalieren.

1997 z.B. si 70% vun denen Emploien, déi geschafe gi sin, vu Frontaliere besat gin. Dat as nët an engem Toun vu Reproche festgestellt, mä einfach eng Tatsaach. Dat heescht, dass déi Leit, déi vu Lëtzebuerg aus missten dis-

ponibel sin, fir déi Plazen, déi mer schafen, ze besetzen, nët oder nach nët do sin, an eng vun denen Ursaache fanne mer an deem ganz niddrege Beschäftigungstaux vun de Fraën um Lëtzebuerger Marché, dee mat 38% ee vun denen niddregsten am europäeschen Duerchschnitt as. Den europäeschen Duerchschnitt läit bei 50,5%.

Mir sin also ganz klor mat engem Problem konfrontéiert vun der Fraëbeschäftigung um Aarbechtsmaart, an och mat engem Problem, deem d'Fraë begéinen, wa se no enger längerer Ënnerbriechung wëllen op den Aarbechtsmaart zrëckkommen. Mir hun e seriöse Problem vu Jugendchômage, deem en chiffres absolut nach relativ kleng, mä procentméisseg relativ héich as, idem bei der Laangzäitaarbechtslosegkeet.

Dat alles, déi dräi Punkten - niddrege Beschäftigungstaux vun de Fraën, relativ héijen Taux de chômage bei de Jugendlechen an de Laangzäitaarbechtslosen -, huet d'Regierung an d'Kommissioun zu enger multidisziplinärer Approche bruecht, wou mer op enger ganzer Rei vu Gebidder aktiv gin. Bei der Bekämpfung vun der Jugendaarbechtslosegkeet an der Förderung vun der Jugendaarbecht fällt direkt deem neie Contrat d'auxiliaire temporaire op, deem den DAT vun haut ersetzt.

Wéi war d'Situatioun bis elo mam DAT? Do probéieren ech drop anzugeen, wat mer eis vu Verbesserungen iwwer dat neit Konzept vum CAT erwaarden.

Bis haut war et esou, dass e jugendlechen Aarbechtslosen, e jugendlechen Demandeur d'emploi, dee méi jonk war wéi 30 Jor, sech gemellt huet beim Aarbechtsamt, an dann huet d'Aarbechtsamt probéiert, fir en definitiv ënner Daach ze bréngen. Wann dat nët gelongen as, da war d'Aarbechtsamt frou, fir op déi ronn 900 DAT-Plaze kënnen zrëckzegräifen, fir dee Jugendleche während enger Iwwergankszäit ze placéieren. Iwwergankszäit, déi awer an der Norm tëscht e puer Méint an annerhalwem Jor loung.

Et as eng Realitéit, dass de Jugendlechen, deem iwwer en DAT-Vertrag an eng Administration publique erakomm as, nët onzefridde war doriwwer, dass en do war, mä onzefridde war mat der Pat, déi e kritt huet, a ganz oft si mer mat der Situatioun konfrontéiert gewiescht, dass en DAT, deem eng Beschäftigung bei enger Gemeng oder beim Stat fond huet, gehofft huet, dass aus deem Provisorium en Definitivum géif gin.

Firwat? Ma jo, well den DAT ganz oft d'Impressioun kritt huet an dene Verwaltungen, dass e wäertvoll wär, gebraucht gin as a ganz oft vun dene Beträffene gesot kritt huet: Mir géifen Dech gär halen, a mir wäerte probéieren, fir Dech ze halen. En huet falsch Hoffnungen gemaacht kritt an dann op eemol, no engem oder annerhalwem Jor, misse feststellen, dass keng Plaz disponibel war, dass en nët zu deem enke Krees gehéiert huet, déi eng definitiv Plaz fond hun.

En as erëm zrëck bei d'Aarbechtsamt komm, an dann as probéiert gin, fir en ënner Daach ze bréngen. Bis virun zwee Jor war et souguer esou, dass d'Aarbechtsamt, wann den DAT bis an enger öffentlecher Administratioun placéiert wor, den Dossier zougemaacht huet; de jugendleche Chômeur oder Demandeur d'emploi huet fir si nët

méi bestanen. Dat hu mer geännert, an den Dossier bleift aktiv, och wann een an enger Mesür wéi dem DAT as.

An der jetzeger Situatioun as et esou, dass de Betrib sech bereet erkläert, fir en DAT ze huelen, well en zum Deel Besoinen huet, déi awer nët duergin, fir se mat engem feste Posten ze besetzen, den DAT awer ganz frou as, wann en an dee Betrib erakënnt, mä et nët richtig geklappt huet, wann et drëm gaangen as, fir dat ze erreechen, wat een eigentlech wollt.

Den DAT-System as en Opfangsystem. Et as nët ee System, deem an der Regel soll derzou féieren, dass deejéinegen, deem opgefaange gët, och do soll bleiwen. An do as et wichtig, dass mer iwwer d'Problematik vum DAT oder CAT diskutéieren, an eis klor sin, wat mer domat wëllen an domat nët wëllen.

Ech verstinn all déi Interventiounen vun dene Leit, déi iwwer den DAT-Prinzip schwätzen, wa se den aktuellen DAT huelen, well do as et effektiv esou, dass eng Rei vu Verwaltungen gäre géifen en neie Poste schafen, och Besoin hu fir déi Aarbecht, awer dee Posten nët gestatt kréien, an da loosse se déi Aarbecht vun engem DAT maachen, denken awer nët drun, fir en anzustellen.

Wann den CAT dat soll bréngen, wat mer eis erwaarden, da muss Klortext op denen zwou Säite geschwat gin. De Jugendleche kënn an de Betrib eran, kritt gesot, dass dat en Iwwergank as, dass probéiert gët séng Employabilitéit - wéi et esou schéin heescht - ze verbessern, dass en eng minimal Formatioun kritt, dass ee säi Profil besser kenneléiert - ech wärd herno zu de Profiler kommen, well dat, a méngen Aen, ee vun de Staarkpunkten an deem Projet as -, an een him dann ze verstoe gët, dass e wann ech glift vun där Zäit, wou en an deem Betrib as, soll profitéieren, fir sech op d'Sich ze maachen, fir säi Profil ze verbessern, fir gehollef ze kréien.

Dat as ganz oft nët gemaacht gin. Et as och ganz oft nët an deem Mooss begleet gi vun der ADEM, mä ech stellen awer fest, dass besonnesch an dene leschte Méint och vun der ADEM an deem do Sënn eng ganz Rei vun Effort gemaacht goufen.

Wéi soll et an Zukunft weidergoen? D'öffentlech Betriber, virun allem d'Gemenge gin doduerch encouragéiert, dass se méi rembourséiert kréien beim CAT. De Jugendlechen, deem an deem do Regim as, gët discouragéiert, fir sech drop ze verloossen, dass e fest do ka bleiwen, doduerch dass déi Indemnitéit, déi e kritt, nët esou héich as, an e gët doduerch implizit encouragéiert, fir aus der Iwwergangsphas ze probéieren, eng definitiv Phas ze maachen.

Wéi kann een dat ugoen? Selbstverständlech doduerch, dass een d'Moyenë vun der ADEM verstärkt, fir de Suivi besser ze maachen, awer och doduerch, dass een dat ustriift, wat am Text gesot gët, dass een en Tutorat an de Gemenge schafft. Dat as e grousst Wuert, awer et as absolut begrëssenswäert, dass een op deem do Wee geet. Et muss nach an der Praxis ëmgesat gin.

Wann een an e Betrib erakënnt, da kritt een eng minimal Formatioun vun denen, mat denen een zesummeschafft, an dann as ee supposéiert séng Aarbecht egestän-

neg ze maachen. Mir hu probéiert an eiser Gemeng, op déi do Situatioun ze reagéieren. Mir hun an der Zwëschenzäit e Service emploi agesat, deen ënner anere och dofir do as, fir déi jugendlech Temporairen ze betrieien. Wann ee jugendlechen Temporaire an eise Betrib erakënnt, da kritt en eng minimal Formation sur le tas. E gët begleet vum Betrib, an da gët en invitéiert, fir sech mat eise Service emploi a Verbindung ze setzen, fir ze kucken, wou séng Stärkten, wou séng Schwächte sin, fir him ze soen, wat e soll maachen, fir en Emploi ze sichen. Da gët zesammegeschafft mat der Administration de l'Emploi, fir eventuell deen een oder anere Posten ze fannen, an da géllt et eis normalerweis fir innerhalb vu seriöse Fristen mat den Effort vum DAT, dem zukünftigen CAT, an iwwer déi gutt Relatiounen, déi mir an der Zwëschenzäit mat de lokale Betriber hun, fir déi jonk Leit ze placéieren. Et as och esou wéi ech mir virstellen, wéi deen nei System soll funktionnéieren.

Klortext schwätzen! Deem Jonke soen: Et as eng Iwwergangsphas. Du kënns an e Betrib eran, well mer Der d'Aarbechtslosegkeet wëllen erspuren. Mir probéieren Der eng Formatioun ze gin. Mir encouragéieren Dech, fir och selwer nach Effort ze maachen, fir déi Formatioun ze kréien, fir eventuell Lücken opzefëllen, an dann invitéiere mech Dech, fir Dech op de Wee ze maachen, fir en definitiven Aarbechtsvertrag ze fannen.

Ech schléissen nët aus, dass e jonken DAT, deen an eng Gemeng oder bei de Stat erakënnt, och op eng definitiv Plaz ka kommen, awer nëmmen dann, wann och eng Plaz ausgeschriwwen gët. Da kann e sech mellen, a wann en effektiv e valabelt Element war an dene Méint, wou en do war, da kann en eng definitiv Plaz kréien.

Wann de System esou verstane gët, wéi en am Text vun der Regierung, dee vun der Kommissioun och gedroë gët, och an d'Praxis ëmgesat gët, da kënne mer mat deem System liewen. Wann et allerdings derzou ausaart, dass öffentlech Institutiounen, an och iwwer deen anere Wee privat Betriber sech domat arrangéieren, dass se bëlleg Aarbechtskräften zur Verfügung gestallt kréien, vun dene se sech entledegen, wann de Kontrakt ofgelaf as, da kënne mer nët dermat d'accord sin.

Et muss ee sech selwer, wann een en DAT an de Betrib eranhëlt, ënner Drock setzen, fir deem DAT ze hëllefen, fir vun deem provisoireschen Aarbechtsverhältnis an en definitivt Aarbechtsverhältnis ze kommen. Dat as méiglech. Mir hun dat op enger Rei vu Plaze probéiert. Ech weess, dass dat an der Gemeng vum Kolleg Lux probéiert gët. Ech weess, dass et och bei eis probéiert gët. Mir hun an deem leschte Jor eng gutt Dose Jugendlecher iwwer deen do Wee definitiv ënner Daach bruecht.

Ech kommen dann zu engem anere Punkt, deen a méngen Aen enorm wichteg as, a mat deem zesummenhängt, wou ech virdrun drop agaange sin: de Bilan de compétence.

Ech sin der Meinung, dass dat en Dréi- an Angelpunkt as fir d'Chômeuren, mat dene mer konfrontéiert sin, ënner gudde Konditiounen ze placéieren.

Wat war bis viru kuurzem d'Realitéit gewiescht? En ageschriwwene Chômeur oder en Demandeur d'emploi huet sech gemellt fir iergendeng Plaz. Op där aner Säit huet d'Administration de l'Emploi gesicht, fir e Patron ze fannen. Nun as et awer oft esou gewiescht, dass d'Ugebuet vum Patron an dat, wat de Chômeur mat bruecht huet, nët iwwerenee gestëmmt hun. Ech weess vu Beispiller, wou e Mechaniker fir Drockpress gesicht gin as, a wou d'Administration de l'Emploi en Autosmechaniker geschéckt huet, well am Répertoire "mécaniciens" stong. An de Patron réselt de Kapp a seet sech: Wat soll dat do? Ech muss mech déi nächste Kéier erëm selwer op d'Bee setzen, well ech mech nët kann dorop verloossen.

Wéi soll et sin? Et soll esou sin, dass d'Administration de l'Emploi de Profil, deen de Patron brauch, an de Profil vum Chômeur esou gutt wéi méiglech soll kennen. An dat ka se nëmmen duerch e Beschäftigungsprofil oder duerch e Kompetenzbilan, deen d'Stärkten an d'Schwächte vun dem Demandeur d'emploi identifizéiert a seet, wou een nach muss drop awierken, fir dem Chômeur besser Argumenter ze gin, fir dass en astellbar gët. Se muss selbstverständlech och Kenntniss vum de Realitéiten an de Betriber hun, wat d'Betriber genee froen, a vun deem, wat se hinne kann ubidden.

Mir hu ganz gutt Erfarunge gemaacht mat dene Beschäftigungsprofiler. Wann een Zäit huet, fir sech e bësse méi laang mat engem Chômeur ausenanerzesetzen, da kann een déi effektiv Stärkten a Schwächte vun him erkennen. Mir hu probéiert dat an eise Service emploi ze maachen, an dat mat ganz gudde Resultater, mä awer och mat personellem Opwand. A wa mer wëllen ähnlech Erfolger an ähnlech Bilanën opstellen an der Administration de l'Emploi, dann as et selbstverständlech, dass d'ADEM muss ausgebaut gin duerch méi Educateuren, Psychologen, Conseillers à l'apprentissage, Leit, déi de Lien hu mat der Education nationale, mat der Orientatioun, mat dene verschiddene Servicer a Formatiounsméiglechketen a mat de Betriber. Dat kann en normale Placeur nët, well den normale Placeur nëmmen e gewëssent Minuttekaptal zur Verfügung huet. Wann een also mat méi schwirege Fäll ze din huet, Leit, déi sech nët selwer placéiere kënnen, an dat si 60% innerhalb vun enger Period vu sechs Méint, da muss ee mat méi grousser Moyennë schaffen, an dat heescht och mat méi grousser personelle Moyennë.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Wat d'Organisation du travail ugeet, do huet de Rapporteur dat meescht gesot. Et as richtig, dass mer an den Diskussiounen eis erwaart haten, méi e groussen Duerchbroch a puncto Aarbechtszäitverkierzung ze maachen. Dat as an deem Mooss, wéi eng Rei vu Leit sech dat virgestallt hun, nët geschitt. Dofir hu mer awer duerchgesat, dass iwwer de Plan national de l'emploi bei de Kollektivvertraagsverhandlungen eng Obligation de négociation stattfënt.

Bei der Flexibilitéit war d'Approche vun der Kommissioun, an zum Deel vun der Regierung, dass et keng Flexibilitéit à sens unique däarf gin. Eiser Meinung no, war déi Flexibilitéit à sens unique déi, déi virgesi war beim

Travail à temps partiel, wou am Regierungstext virgesi war, dass ee bei enger Deelzäitaarbecht dem Saliär hätt kënnen eng Aarbechtszäit zoumudden, déi ëm 50% vis-à-vis vu sengem Deelzäitkontrakt geleën hätt. Dat wär net zoumuttbar gewiescht, well déi Leit, déi Deelzäitaarbecht wielen, dat aus enger Rei vu familiären Ursaache maachen, a wann een dee Choix gemaacht huet, da kann een net einfach higoen, an dee Choix ëm 50% majoréieren. Déi Dispositiounen, déi am Gesetz virgesi si vun 20%, déi fannen eis Ennerstëtzung.

Positiv ze bewäerte sin déi Bestriewungen, déi am Text an iwwer den Text eraus an der Konstitutioun sollen ugestriift gi fir d'Egalité des chances, fir der Sous-représentation vun de Fraen um Aarbechtsmaart entgéintzewierken.

Mir hu mat dësem Projet den Duerchbroch gemaacht, fir a Richtung "actions positives" ze goen. Mir sin net an allen Hisiichte mat dene Propositionen, déi mir virhaten an enger éischter Phas, duerchkommen. Mir wollten an enger éischter Phas dem Sexe sous-représenté, wat an dësem Fall ganz klor d'Fraë sin, entgéintkommen, do duerch dass mer méi héich intervenéiert hätt bei den Aidé fir d'Astellung vu Fraen. Do si konstitutionell Bedenken opkommen, esou dass mer am Endeffekt op de Wee gaange si vum Nët-Limitéieren op d'Fraen, déi am Normalfall de Sexe sous-représenté sin, mä et allgemeng ze maachen, well a ganz wéinege Secteuren et theoretesch och de Mann ka sin. Allerdings gi mir an der Diskussioun iwwer d'Verfassung e Schrëtt méi wäit, Schrëtt, deen eis et soll erlaben, méi konsequent op positiv Moosnamen a Richtung vun dem Sexe sous-représenté, an dësem Fall vun der Fra, um Aarbechtsmaart ze goen.

Positiv ze bewäerte sin déi zwou Moosnamen, déi de Congé parental an de Congé pour raisons familiales sin. Et kann ee sech zwar dermat ausenanersetzen, ob et gutt as, fir Sozial- an Emploiskonditiounen per force wëllen op een Nenner ze bréngen, mä ech mengen, dass beim Congé parental déi Iwwerleungen, déi sech am Endeffekt duerchgesat hun, déi richteg waren.

Mir begrëssen de Congé parental, well en eng Verbesserung fir déi Leit duerstellt, déi zu zwee berufstäteg sin, déi awer net ganz wëllen drop verzichten, fir sech an denen éischte Méint ëm hir Kanner ze këmmern, respektiv dono, bis zum Alter vu 5 Jor, wa se et fir noutwendeg fannen, fir sech ëm hir Kanner ze këmmern. Et as eng familjepolitesch Moosnam, déi, wat den Impakt ugeet, gläichzestellen as mat der Allocation d'éducation, quitte dass se am Géigesaz zu der Allocation d'éducation sech net iwwer 12 Méint verdeelt, mä iwwer sechs Méint, an déi vis-à-vis vun der Allocation d'éducation, déi viraussetzt, dass een d'Beruffstätigkeit ganz oder hallef ënnerbrécht während enger Period vu 24 Méint, den Avantage huet, dass een d'Period méi kuurz hält, an doduerch d'Distanz, déi een zum Aarbechtsmaart kritt, méi kleng as, een also méi schnell erëm Fouss faasst.

Si huet doudsécher och den Avantage vis-à-vis vun engem fraktionnable Congé pour raisons familiales, deen een aus familjepoliteschen Ursaachen hätt kënnen präkonisieren, dass wann en net fraktionnable as, dass een ef-

fektiv eng aarbechtsmaartpolitesch Moosnam kann dermat verbannen, wat net de Fall gewiescht wär, wann ee vu Mount zu Mount oder an Tranché vun zwee Méint dee Congé parental hätt kënnen huelen.

Et as also duerchaus esou, dass ee sech kann erwaarden, dass eng Rei vun Employeuren, denen hir Mataarbechter an e Congé parental eragin, während enger gewëssener Zäit op Demandeurs d'emploi oder op Chômeuren zrëckgräifen. Allerdings gëlt do dat, wat mer viru beim DAT gesot hun, wann e Chômeur oder en Demandeur d'emploi während där do Period engagéiert gët, da muss ee fir d'Konditiounen suergen, dass vun där Period profitéiert gët, fir entweder séng Chance fir eng definitiv Astellung am Betrib ze verbesseren oder fir séng Chance ze verbesseren, fir an engem anere Betrib eng definitiv Ustellung ze kréien.

Beim Congé pour raisons familiales war et eng net onkomplizéiert Diskussioun. De Congé pour raisons familiales huet eng relativ laang Vergaangenheet. Et leien an deem Kontext zwou Propositionen de loi vir: eng vum Kolleg André Hoffmann an eng vu mir selwer. D'Regierung hat an hirem leschte Programm, mä och schon an hirem Programm vu viru - wann ech mech net ieren -, ugekënnegt, dass se op de Wee vun engem Congé pour raisons familiales géif goen. Se huet awer an enger Iwwergangsphas gesot, dass se, vu d'Diskussiounen iwwer de Congé parental tëscht de Sozialpartner, d'Virstellung huet, dass d'Sozialpartner sollte probéieren, an deem selwechte Kader eng Enegung ze fanne fir de Congé pour raisons familiales.

Dat huet awer net zu engem Resultat gefouert, sou dass d'Regierung en Avant-projet de loi ausgeschafft huet, deen an der Châmber deponéiert mä ni instruéiert gin as: am Géigesaz zu der Proposition de loi, déi vu 6 respektiv 5 Deg Congé pro Kand pro Jor ausgaangen as, wär den Avant-projet vun engem Congé vun 2 Deg pro Kand ausgaangen.

Duerno as de Plan d'action national pour l'emploi kommen, deen an eisen Text eragemünt as. Do war d'Regierung enger éischter Phas vun enger Formule ausgaangen, déi sech sollt limitéieren op méi schwéier Krankheeten. Selbstverständlech as et wichteg, dass ee bei méi schwéiere Krankheeten vun engem Congé pour raisons familiales ka profitéieren. An deem ursprüngeleche Regierungstext war virgesinn, dass ee 5 Deg kéint huelen, déi kéinte verlängert gin am Fall vun enger extrem graver Krankheet vum Kand. Mir hun an den Diskussiounen ëmmer drop higewisen, dass dat zwar ee Problem géif léisen, awer net de Problem vun den duebel Berufstätigen oder de Monoparentaux, déi moies iwwerfall gi mat engem kuerzfristeg schwéier kranke Kand mat héijem Féiwer oder anere Problemer an déi keng Bomi hun, déi abrufbar as.

An den Diskussiounen, déi gefouert gi sin an der Kommissioun, an an den Diskussiounen, déi mat der Regierung gefouert gi sin, huet d'Regierung probéiert e Kompromëss ze fannen. Ech mengen, Här Staatsminister, Här Aarbechtsminister, dee Kompromëss, dee mer am Endeffekt fond hun, as e gudde Kompromëss, well mer déi

zwou Saachen, déi mer wëllen, an deem hei Projet kënne realiséieren: Éischtens kann ee schnell a flexibel reagéieren, wann den Imprévu kënnt, deem ee sech net wënscht, an zweetens, bei méi gravé Krankhete kann een déi zwee Deg pro Kand ausdenen.

D'Gefor vun den Abusën as och net ganz grouss, well wa mer reell mat eis sin, da wësse mer, dass eng ähnlech Formule um offiziöse Plang scho laang bestanen huet: Wann eng Mamm oder e Papp keen Auswee méi wousst fir kënne bei hirem kranke Kand ze bleiwen, dann hu se sech iergendwéi arrangéiert, dass si och eng diplomatesch Krankheet kritt hun a si hun normalerweis dobäi gehollef kritt.

Ech gin net dovun aus, dass dat hei zu Abusë wäerd féieren. Vill éischer sin ech der Meinung, dass wa mer soen, dass mer d'Vereinbarkeet vu Beruff a vu Famill wëlle verbessern, dass dat do dann eng seriö Hëllef as fir déi, déi all Dag d'Konschtstéck musse fäerdegbréngen, fir sech ëm d'Famill ze këmmen a gläichzäiteg zur Zäit op der Aarbecht ze sin. Déi Formule, déi mer festgehalten hun, wou déi zwee Dag quasi assimiléiert si wéi wann ee selwer krank as - mam Attest vum Dokter, mat der Verlängerungsméiglechkeet, wann et extrem grave as -, fanne mer och eng zefriddestellend Léisung.

Ech wëll jhust beim Volet Congé pour raisons familiales nach eng Kéier ënnersträichen, dass déi Diskussiounen, déi an der Chamberskommissioun gefouert gi sin, net Diskussiounen waren, wou vun Ufank un alles klor war. D'Mme Minister weess, dass mer am Ufank vun enger Fin de non-recevoir ausgaange sin, wou mer gesot hun: Et as dat do oder näischt, wou mer awer herno no den Diskussiounen Gehéier fond hu fir déi verschidden Argumenten.

An dësem Fall - an dat kann een net ëmmer soen - kann ee soen, dass de Staats- an Aarbechtsminister heiansdo méi grousszügig war wéi seng Ministeren. Näischt fir ongutt, mä an dësem Fall war dat esou!

Da kommen ech zum Volet vun der Förderung vun de Betriber. Den Här Bettendorf as op eenzel Beräicher schon agaangen. Ech wëll jhust op zwee Punkten agoen: Ee Punkt, wou mer länger Diskussiounen haten, war deem iwwer d'Eropsetze vun de Fräibeträg fir Kleng- a Mëttelbetriber bei der Gewerbesteier. Et as richtig, dass deem zoustännege Minister vläicht an iergendenger Kommissioun eng Kéier drop higewisen hat, mä et as awer grad esou richtig, dass een an deem ganze Projet jhust eppes driwwer fond huet, wann een de Commentaire des articles vun den Artikelen 147 oder 148 gekuckt huet, wou an engem Saz steet, dass déi 850 Milliounen, déi dat do géif kaschten, zu Laaschte vun de Gemenge waren. Dat, muss ech soen, as enger Rei vu Leit net opgefall, ënner anerem as et mir net opgefall an et as dene meeschte Responsable vun de Gemengen och net opgefall. Zumindest kann ee soen, dass mir net dauernd drop gestouss gi sin, dass dat géif drastoen, fir dat emol esou auszedrücken.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre du Travail et de l'Emploi. - Dir hat et dun awer fond.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Jo, mir haten et fond, an ech géif awer och soen, dass déi Diskussioun, déi hei gefouert gin as, ënner dem Stréch op e positiven Nenner komm as.

Ech stellen ëmmer fest, dass wann d'Regierung an aner Interlocuteurs sech op e gudde Kompromëss enegen, dass dann eenzel Leit op hirem Appetit sëtze bleiwen a bedauern, dass, nodeem een emol deem een oder anere Schlagabtausch gemaacht huet an nodeem och vläicht deem een zu deem anere "Pirat" gesot huet - wat an deem hei Fall och vläicht net onwouer war -, ee sech dann un een Dësch zesummesetzt a probéiert e Modus vivendi ze fannen.

Dee Modus vivendi as hei fond gin. Ech wëll nach eng Kéier soen, dass keng vun de Gemengen, déi an deem do Beräich sollt matschaffen an och e Partner sollt sin, sech gestriift huet, fir e seriöen Effort ze maachen an der Beschäftigungspolitik an och beim Plan d'action national en faveur de l'emploi. Et as verständlech, dass d'Gemenge sech opgereeht hun iwwer d'Aart a Weis wéi d'Diskussioun gelaf as. D'Deputéiert konnten et nach gesinn, mä d'Gemenge ware jiddensfalls net am Virfeld gefrot gin.

Ech muss och soen, dass an dësem Fall de Gemengeverband, de Syvicol eng gutt Aarbecht geleescht huet, sech schnell zu Wuert gemellt huet, an och den Dialog mam zoustännege Minister fond huet, a mer am Endeffekt op eng Solutioun komm sin, déi verkraftbar as fir jidderene. D'Gemenge leeschten e Beitrag, awer e Beitrag, deem hir Moenen net iwwersteigt. Wéi as dat zustane komm? Ganz einfach, nodeem am Regierungstext stoung, dass déi 850 Milliounen sollten zu Laaschte vun de Gemenge sin a wou hinnen also Recetté géife verluer goen, as d'Diskussioun gefouert gin, wéi ee sech kéint unnäheren. Dat Wuert Kompensatiounen gët net gär gebraucht, ech wäerd et dann och net gebrauchen, mä amplaz vun dene Recetten, déi d'Gemengen net méi kréien, hu se vun der Regierung Erspuermisser ugebuede kritt fir d'Zukunft.

Dat sin Erspuermisser bei de Kotisatiounen fir de Fonds pour l'emploi, wat ongeféier en Drëttel vun dene Moinsvaluën ausmécht, d'Kompensatioun - ech gebrauchen elo dat Wuert, well ech et ebe gebrauchen - vun engem Drëttel also. An enger zweeter Phas no Diskussiounen an der Kommissioun an och mam Syvicol, huet d'Regierung sech bereeterkläert, fir, ähnlech wéi dat bei anere Betriber gemaacht gët, d'Gemenge vun der Kotisatioun an d'Caisse nationale des Allocations familiales ze befreien. Et as relativ schwéier dat genee ze chiffrieren, well dat as vu Gemeng zu Gemeng verschidden, mä ech géif awer mengen, dass wann een ënner dem Stréch kuckt, wat d'Gemengen op där enger Säit erabréngen a wat se op där anerer Säit nogelooss kréien, da läit dat tëscht der Halschecht an zwee Drëttel. Do as, mengen ech, den Equilibre gin. Domat wäerten d'Gemenge sécherlech kënne liewen.

Ech géif mer allerdéngs wënschen, dass mer an Zukunft, wann d'Gemengen erëm eng Kéier an d'Verantwortung eragezu gin, dat am Virfeld zesummen diskutéieren, an dass mer eis am Virfeld eens gin, wie wat erabréngt. Da brauche mer, Här Konter, net erëm eng Kéier déck op d'Tromm ze schloen, fir dat ze kréien, wat mer, wa mer

vun Ufank un driwwer diskutéiert hätten, vläicht ouni Weideres hätte kënnen kréien. Hätten an haten, sin zwee aarmer Staten. An dësem Fall kann ee soen, dass et gutt gelaf as fir jidferen.

Jhust ee Wuert nach zu engem Projet, dee vun der Regierung am Kader vun den Tripartite Diskussiounen a wéiniger am Rumm vun dësem Projet an d'Diskussioun bruecht gin as: de Projet vun der Education précoce. Et as gesot gin - an dat fënt ee ganz oft am Projet vum Beschäftigungsplang erëm -, dass ee versiche géif, zwou Mécke mat engem Schlag ze schloen. Dat as u sech eng gutt Approche, mä et muss een déi zwou Mécken dann awer och nach treffen. Mir wäerten an denen nächste Méint och musse probéieren, dass mer déi Ziler, déi mer eis gesat hun, mat der Méckebaatsch treffen an nüt derlaanscht schloen.

Bei der Education précoce as et ähnlech wéi beim Congé parental, wou eng sozial an och nach eng edukativ Zilsetzung mat der Beschäftigung verbounne gin. D'Regierung huet gesot, dass am Kader vun den Tripartite-Diskussiounen, d'Gemege sollten, no enger Iwwergangsphas, ab 2001 d'Education précoce obligatoresch ubidden, fir de Kanner, déi Sprooch- an Integratiounsproblemer hun, entgéintzekommen a fir den Emploi de proximité ze fördern. Nüt obligatoresch am Sënn, dass d'Leit musse kommen, mä d'Ugebuert soll obligatoresch sin.

Och dat huet eng Rei vu Reaktiounen ervirgeruff, nüt géint de Prinzip selwer, well et gët wéineg Leit, déi der Meinung sin, dass d'Education précoce jee nodeem wéi se konzipéiert as, eppes Schlechtes wär, mä géint d'Aart a Weis. Wann een de Gemege gesot huet, dass se ab 2001 Infrastrukturen an d'Ugebuert musse schafen, dann as dat relativ komplizéiert an d'Gefor war do, dass een et géif iwwer de Knéi brieche, an dass een nüt kéint d'Geleënheet notzen, fir mat all dene Kräften, déi op deem Gebitt souwiso schon tätig sin, en anstännegt Konzept auszuschaffen.

Och do huet d'Regierung sech beweegt. Si encouragéiert selbstverständlech nach ëmmer Projets pilotes um Gebitt vun der Education précoce, mä as awer mam Datum, ab wéini et muss ugebuede gin, vun 2001 op 2004 zréckgaangen. Och huet d'Regierung reagéiert op d'Suerge vun de Gemege fir kënnen d'Infrastrukturen ze finanzéieren an dréit ënner gewëssene Konditiounen bis d'Jor 2004 50% vun den Infrastrukturkäschte vun den Infrastrukturen, déi musse geschaf gi fir d'Education précoce kënnen unzebidden.

Dat as ganz positiv. Mir géiten eis wënschen, dass ähnlech Konditiounen bei der Education nationale en général geschaf géife gin, mä ech begrëssen och, dass den zoustännege Minister jiddentalls nüt ausgeschloss huet, dass een an nächster Zäit zu enger neier Definitioun vun de Rechter, Flichten, Chargen a Partnerschaften tëscht Stat a Gemege kënnt, wou jidferen bereet as séng Aufgaben ze iwwerhuelen, mä wou awer emol eng Kéier sollen all d'Chifferen op den Dësch kommen, fir dass mer op den zwou Säiten nüt der Versuchung erleien, fir heiansdo d'Milchmädchenrechnung ze maachen.

Wéi gesot, also och mat dene leschte Propositionen zur Education précoce kann ee liewen an et sin dofir - vu dass den Drock nüt méi esou besteet, vu dass de Risiko nüt méi esou grouss as, dass dat iwwer de Knéi gebrach gët - eng ganz Rei vu Gemengen, déi entweder schon dermat ugefaangen hun ënner deem Drock, dee se kannt hun, respektiv aner Gemengen, déi amgaang si fir 1999 Projets pilotes ze maachen ënner anerem och mam Versuch, fir mat besteende Strukture wéi Garderien, Crèche an och mat Educateuren zesummenzeschaffen. Mir wäerten ab deem nächste Jor och zu dene gehéieren, déi déi Offer an engem vun dene Quartieré maache wou déi gréisste Problemer fir d'Integratioun vu friemsproochge Kanner bestin.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Op de Beräich vun der Formatioun an der Edukatioun wäerd mäi Kolleg, de Marc Zanussi, nach agoen. Ech hu jhust festgestallt, dass an deem Beräich, méi wéi an anere Beräicher, de Projet eng Rei vun Ausföhrungsbestëmmungen opstoë léisst, déi mer am Moment nüt kennen. Mir hoffen, dass mer déi Ausföhrungsbestëmmungen relativ séier kréien. Ech muss och soen, dass déi zoustännege Kommissioun, fir nüt weider Zäit ze verléieren, vläicht nüt esou staark op d'Règlemets d'exécution gehalen huet wéi all déi aner Kommissiounen dat maachen, wann e voluminéise Projet virun d'Chamber kënnt.

Als Konkusioun wëll ech festhalen, dass eis Fraktioun selbstverständlech dësem Projet zoustëmmt. E Projet, deem eng Kuelebootsch vun neie Moosnamen enthält a Verbesserung vu besteende Moosnamen. Allerdéngs - an dat as méi wéi eng Kéier hei ënnerstrach gin -, wäerd et an denen nächste Méint a Joren drop ukommen, wéi déi do Kuelebootsch vu Moosnamen an d'Praxis ëmgesat gët.

Mir hun de Verdingscht, dass mer eent vun denen eischte Länner sin, déi am Konsens mat alle Beträffenen d'Definitioun vun den Ziler hanneru sech hun. Mir wäerten, wa mer elo A gesot hun, eis och d'Moyenné musse gin, fir déi doten ambitiéis Ziler ze realiséieren.

Voilà, ech soen Iech villmools merci fir Är Opmierksamkeet, a kommt gutt heem!

Une voix.- Très bien!

M. le Président. - Kollegen, mir wäeren domat um Enn vun eiser Sëtzung vun haut ukomm.

Ech wëilt Iech nach op de Programm vu muer opmierksam maachen: Et sin nach am Ganzen 9 Riedner agedroen, mat enger Riedezäit vun dräi Stonnen an enger halwer. Et gët mer gesot, et géingen och nach dräi Ministere schwätzen, an dozou kommen dann nach de Vote, d'Amendementen an d'Motiounen. Dir sid also prävenéiert, dass et muer den Owend méi spët wäerd gin, sou dass Der Iech kënnt riichten.

D'Sëtzung as opgehucwen.

(Fin de la séance publique à 18.33 heures)